



méi vast, an déi Debatt hei verdéngt et eigentlech och, méi breet ausgeluecht ze ginn, wat déi Ausrichtung ugeet. Eis ass et drëms gaangen, dass mer och relativ schnell do Neel mat Käpp maachen.

Iwwer eng Reform vum Service de Renseignement ass net nëmme virun 2004 ellielaang während laange Joren diskutéiert ginn, mat ganz grouse Pausen dertëscht, mä och zënter 2004 ass schonn zënter e puer Joer gewosst, dass do munches net esou leeft wéi et soll lafen. Duerfir huet de Premierminister, denken ech och, d'Kontrollkommissioun domadder befaasst, fir emol e Rapport ze maachen iwwert déi Aktivitéite vun deem Service, iwwert de Fonctionnement vun deem Service.

D'Commission de contrôle huet profitéiert, fir eng Rei vu Reformvirschlë der Regierung ze ënnerbreeden. An duerfir wëlle mir och elo, dass mer net méi laang Zäit verléieren, dass mer zumindest dee Volet vum Contrôle parlementaire, wou d'Schwaachstellen an den Texten an an der Praxis kloer gi sinn, dass mer dee Volet esou schnell wéi méiglech kënnen ëmänneren an dass dat net erakënn an déi ganz méi breet Diskussioun iwwert d'Neiausrüstung vun de Missioun vum Service, vun den Operatiounen, vun den Operatiounsmëttel vum Service.

An duerfir hu mer an enger vun de leschte Kommissiounssitzungen décidéiert, dass ech den Opdrag géif kréien, fir eng Proposition de loi auszuschaffen, déi d'Gesetz vun 2004 iwwert de Service de Renseignement ëmännert op deene Punkten an deenen Artikelen, déi sech eleng mat dem Contrôle parlementaire befaassen.

Do si mer eis eens ginn, dass mer éischters géifen d'Kompositioun änneren wëlle vun där Kommissioun, dass u sech d'Fraktiounen an d'Groupes techniques an Zukunft sollen dra vertruede sinn - dat heescht, also méi eng breet Zesummesetzung maachen - an dass d'Fraktiounen sollen déi Deputéierten eraussichen, déi an hiren Aen am meeschte gerüst sinn, am meeschten apte sinn, am meeschten Zäit och a Wësse kënnen investéieren, fir déi Kontrollarbecht do ze maachen. Dat ass ee wichtige Punkt, dee mer zréckbehalen hunn.

Mir hunn och zréckbehalen, dass mer wëilten déi Experten, op déi d'Kommissioun kann zréckgräifen, d'Kontrollkommissioun, dass d'Kommissioun och an Zukunft kann deene speziell Missioun ginn, fir och speziell Kontrolle kënnen am Service selwer ausféieren. Dat kënnen Politiker ganz schlecht maachen. Dat kënnen nëmmen Experte maachen, déi en Know-how och hunn, wéi e Service vu banne fonctionnéiert. Dat schéngt mer e ganz wichtige Punkt ze sinn.

Da leeë mer nei fest d'Organisationspflicht, déi besonnesch den Direkter vum Service, mä och den zoustännige Minister par rapport zu der Kontrollkommissioun hunn, a mir féieren och en neien Delikt an, eigentlech fir de Fall, wou wëssentlech géife wichtig Informatiounen vum Direkter der Kontrollkommissioun net zougestallt ginn.

2. Dépôt d'une proposition de loi

Dat sinn also déi Ännerungen, déi mer hei proposéieren. Déi fousse op engem Avis juridique, deen d'Kontrollkommissioun selwer virun enger Rei vu Méint an Opdrag ginn huet. Ech hu probéiert, dat an en Text ze faassen. Dat huet och Ënnerschrëfte fonnt vun alle Parteien a Sensibilitäten, déi an der Enquêtekommissioun vertruede sinn. Ech géif dann och hei profitéieren, fir am Numm vun all deenen, déi mat hei ënnerzeechent hunn, déi Proposition de loi, wat d'Deelreform vum Gesetz vun 2004 ugeet, och hei beim Chamberspräsident ze deponéieren.

6589 - *Proposition de loi modifiant 1. la loi du 15 juin 2004 portant organisation du Service de Renseignement de l'État; 2. l'article 88-3 du Code d'instruction criminelle.*

3. 6565 - Rapport de la Commission d'enquête sur le Service de Renseignement de l'État (suite)

Ech wëll och net op den Detail agoen - de Premier huet dat gemaach. Ech weess, wann d'Leit de Rapport net gelies hunn, ass et immens schwéier eigentlech och dobaussen, dat ass kloer, sech e Bild iwwert déi ganz Situatioun ze maachen. Duerfir wëll ech och net op déi eenzel Punkten am Detail agoen.

Ech wëll e puer Saachen awer kloerstellen, well ech och gemierkt hunn, dass an der Opinion

publique, wat d'Aarbechte vun eiser Enquêtekommissioun ugeet, gewëssemooßen eng Confusioun oft bestanen huet, oft geschürt och nach ginn ass vu baussen. Dat hei ass eng Enquêtekommissioun gewiescht iwwert de Fonctionnement vum Service de Renseignement, vun 1960 u bis haut, mat natierlech engem Fokus op dat besonnesch, wat déi lescht Joren an deem Service do fonctionnéiert oder och net fonctionnéiert huet.

Et war keng Enquêtekommissioun iwwert de Bommeleeër, fir dat kloerzemaachen. An dat wollte mer och ni sinn. Mir si souwisou duerch d'Gesetz gehalen, ganz strikt ze fueren. A mir waren oft do no un de Grenzen. Vläch souguer heiandsou driwwer, iwwert deem, wat mer eigentlech hätten dierften nofroen. Mir waren eis awer bewosst, dass dobausse kee verstanen hätt, wa mer op eemol all kriddeleg Fro praktesch net méi zougelooß hätten.

Wichtig war et, dass ee muss wëssen, dass mer eigentlech, soubal iwwer iergendee Fait d'Justiz enquêteiert, no eisem eegene Gesetz vun den Enquêtekommissiounen, déi Kommissioun net dierf weider parlamentaresch enquêteieren op deeneselwechte Fäiten. Mir konnten also an all deenen dote Froen, an dat sinn der méi ginn an der Zäit... Well, bal war e Fait bekannt, hu mir probéiert drop ze schaffen, huet natierlech och d'Justiz, de Parquet en Dossier drop ugefaangen. A scho war eigentlech eis Méiglechkeet, fir weiderzergoen, erëm an engem gewësene Mooss beschränkt.

Esou dass ech mengen, dass mer esou wäit komm sinn, wéi mer konnte komme mat deene Méiglechkeeten, déi mer hunn, mat deene gesetzleche Virgaben, déi mer och hunn. An duerfir ass et och richtig, dass mer elo de Moment eigentlech gesicht hunn, fir elo zu engem Ofschluss ze kommen. Och wa mer sécherlech net an all Fro bis an de leschten Detail konnte goen, esou gëtt dat Ganzt awer, wat elo virläit, e Gesamtiwverbléck, deen et méiglech mécht, eng politesch an eng legal Appréciatioun vun der Situatioun ze maachen, wat, wéi gesot, den Objet vun eiser Kommissioun ugeet.

Als LSAP wëlle mer ganz kloer, dass d'Justiz elo och dee Relais iwwerhëlt vun där Enquêtekommissioun, dass d'Justiz, och wann elo d'Scheinwerfer vun der Aktualitéit net méi vläch esou an deenen nächste Wochen op déi doten Affäre geluecht sinn, dass d'Justiz normal hir Enquête weiderféiert a se och bis zum Enn féiert.

Ech mengen, et géif kee verstoen, wa mer an engem Joer hei géifen zesummesetzen an et géif erauskommen: „Majo déi Enquêtes, déi lafen nach alleguer.“ Et ass also wichtig, dass also eng propper Aarbecht och gemaach gëtt op all deenen Dossieren, wou elo Enquêtes opgemaach gi si respektiv wou Enquêtes préliminaires vum Parquet ordonnéiert gi sinn.

A wou ebe Prescription ass, muss klasséiert ginn. Dat kann een net zefriddestellen. Dat kann ee sécherlech net zefriddestellen, mä et ass e Fait, dass eng Rei vu Fäiten esou wäit zréckleien, dass et schwierig wäert ginn eigentlech fir d'Justiz, do voll kënnen op deene Punkten ze enquêteieren, obwuel - obwuel! - wahrscheinlech duerch eng Rei vu falschen Zeienaussoen, déi manifestement gemaach gi sinn, während eise sëllechen Enquêtes, déi mer gemaach hunn, e puer vun deene Fäiten, déi eigentlech prescrivéiert sinn, kënnen erëm opliewen duerch eventuell Plainten an Enquêtes, déi gemaach gi weinst faux Témoignage.

Et ass also méiglech, dass awer eng Rei vu Saachen trotzdeem nach ganz un d'Wourecht (veuillez lire: Licht) wäerte kommen, opgrond vun elo widerspréchechen Aussoe vu Zeien, déi ënner Eed alleguerten ausgesot hunn, a wou manifestement also Indizien do sinn, dass Meeneeder an enger ganzer Partie Fäll hei am Laf vun deenen Enquêtes vun eiser Kommissioun gemaach gi sinn. A selbstverständlech ginn all déi doten Dossiere weidergereecht un de Parquet. Et sinn der zu engem groussen Deel schonn en cours vun eisen Aarbechte gemaach ginn.

De Rapport vun deser Enquêtekommissioun ass an eisen Aen dat virleefegt Enn vun der Missioun vun deser Enquêtekommissioun, mä am Endeffekt muss d'Chamber dat nach en plénière constatéieren oder décidéieren, mä awer net en Enn vum Suivi vun den eenzelnen Dossieren, déi um Geheimdéngscht hängen. Ech mengen, d'Kontrollkommissioun soll weider schaffen. Déi huet entre-temps och, mengen ech, e ganz flotten Aarbechtsrhythmus kritt an huet sech eng Aarbechtsmethod ginn, déi wierklech weist, dass do och kann eng incisif Aarbecht gemaach ginn.

Mir wëlle jo, dass hir Befugnisse nach méi breet ginn, dass se aner Mëttele kritt, dass och déi Leit, déi hinne mussen zouschaffen, och déi Obligatioun gesetzlech verankert kréien, dass se all déi Informatiounen, déi se hunn, och iwwer Dysfonctionnement, müssen direkt un

dei Kontrollkommissioun weiderreechen. Also e wichteg Instrument bleift d'parlamentaresch Kontrollkommissioun an där aler wéi dann an där neier Form.

Dei normal parlamentaresch Kontroll spillt natierlech och; all Mëttelen, déi en Deputéierten huet, fir ze probéieren, Drock op eng Regierung ze maachen, Saachen erauszefannen. Selbstverständlech huet all Deputéierten, all Fraktioun huet déi dote Méiglechkeet och an Zukunft zur Verfügung.

A virun allem awer, mengen ech, muss ee sech seriö - an do ass och vill Zäit vergaangen, an dat hätt och eng Regierung kënn schonn am Virfeld maachen - sech seriö mat deenen alen Archiven ofginn. Et ass jo awer gewosst, dass déi Archiven do bestinn. Sécherlech weess net jiddwereen am Detail, wat do dran ass. Ech war ganz erstaunt, dass e fréieren Direkter, den Här Hoffmann, hei ënner Eed ausgesot huet, hie wär ni an deem Archiv gewiescht, a bal gemengt, e kéint net genau soen, wat an deem Archiv do eigentlech läit. Dat fannen ech awer fir een, dee ganz laang Joren Direkter war vun enger dach klenger Verwaltung, zumindest eng ganz erstaunlech Ausso, déi een do huet misse héieren.

Et bleift, dass mer un déi Archive mussen erugeen. Déi al Archiven, déi, dat muss ee wëssen, och nach haut sporadesch vum Service consultéiert ginn. An do stellt sech d'Fro, ob déi Archiven net och misste legaliséiert ginn iwwer Règlement grand-ducal. Esou wéi een déi informatesch nei Datebank muss legaliséieren.

An deem Règlement grand-ducal kéint een och da spezifesch Regele fir deen doten alen Archiv virgesinn, dee mer jo wëllen transferéiert hunn an eis Nationalarchiven, mat engem Experte-grupp, dee sech da soll mam Inhalt vun deenen Archiven do ofginn. Selbstverständlech awer ëmmer erëm garantéiert, dass all déi Leit, déi eng Nofro hunn, ob se an deem Archiv dra sinn, ob se an deem Fichier dra sinn a wat iwwer se drasteet, selbstverständlech muss permanent kënnen den Accès zu hiren eegenen Donnéeën hunn, wéi mer dat och probéiert hunn iwwert déi lescht Méint esou duerchzezéien, bis hin zu deser Woch, wou mer och nach eng Keier eng Descende an déi al Archiven haten, fir eben, wéi gesot, esou Demandé kënnen nozekommen.

An d'Vigilance vum Parlament dierf an deem doten Dossier och no där heiter Debatt an eisen Aen net noloossen, och wann een dem Service de Renseignement muss eng Chance fir en neie Start ginn. De Service de Renseignement brauch eng Chance fir en neie Start. Mir sinn der Meinung, déi Direktioun, déi momentan en place ass, déi schéngt eis - bon, wie leet haut nach d'Hänn an d'Feier - uerdentlech ze sinn, kompetent Leit ze hunn, déi dat do wëllen och no rechtsstaatleche Prinzipie géieren. An et muss een, mengen ech, deenen och eng Chance ginn, dass deen dote Service kann och an Zukunft normal seng Aarbechten erëm maachen. Wat sécherlech a leschter Zäit ganz schwéier war. Wat awer net elo d'Schold vun der Enquêtekommissioun ass, denken ech.

Eis Enquête huet eis en Abléck ginn an déi eenzel verschidde Perioden eigentlech och vun der Aarbecht vun deem Service de Renseignement. D'Ufanksperiod 1960, e ganz rudimentäre Gesetzestext, wou eigentlech de Statsminister grouse Meeschter war iwwert dat Ganzt, alles organiséiert huet, guer keng Regel praktesch dra war, guer keng Kontrollmechanismen eigentlech virgesi waren. Eng Missioun, déi allerdéngs deemools eigentlech méi enk gestréckt war, wéi déi vum Gesetz vun 2004, well se ausschliesslech op d'Sécurité extérieure vu Lëtzebuerg ausgerichtet war.

An do kënn eben, mengen ech, och den Haaptproblem hier. Wann een déi Aarbecht kuckt, déi vun 1960 gemaach ginn ass bis 2004, besonnesch an de 60er, 70er bis an d'80er Joren déck eran, dat war - dat schéngt deen ale Fichier ze beleëen - u sech awer eng Aarbecht, déi sech nëmmen deelweis am legale Kader beweegt huet. Well awer kloer ginn ass duerch déi Nofroen, déi komm sinn, duerch déi Stéchprouwen, déi gemaach gi sinn, dass eng ganz Rëtsch vu Fichieren drop hiweisen, dass mer de Kader vun der Sécurité extérieure vu Lëtzebuerg, wat d'Observatioun an de Fichage vun eenzelne Leit ugeet, iwwerschratt hunn. Esou dass mer do scho wierklech am Beräich vum klassische Verfassungsschutz dra sinn, wat eigentlech 1960 keng vun de Missiounen vun dem Service de Renseignement war.

Doniewent ass et sengerzäit nach keen Artikel am Code d'instruction criminelle ginn, deen eng Prozedur regelt, fir Kommunikatiounen ofzelauschten. Mir wëssen awer, dass dat monter gemaach ginn ass, och während där doter Zäit. D'Bréifgeheimnis ass net respektéiert ginn. D'Téléfonsgeheimnis ass och net respektéiert ginn. An et ass keng legal Basis ginn, fir dat ze maachen, well mer u sech just den Artikel vun

eiser Verfassung hunn, dee seet: «Le secret des lettres est inviolable.» Est inviolable!

Dat heescht, et ass fir mech relativ kloer, mä dat schéngt och bis dato vill Leit net opgereegt ze hunn, dass, wann een elo kuckt einfach, obwuel mer déi dote Period net am Detail studéiert hunn, dass awer esou munches, wat während deene Jorzéngten do gelaf ass, ausserhalb vum legale Kader gelaf ass, ouni gesetzlech Ofsécherung gelaf ass a sécherlech zu engem gudden Deel och contraire war zur Verflechtung, déi Lëtzebuerg agaangen ass an internationale Konventiounen - an notament an der Europäescher Mënscherechtskonventioun, déi net eréischt zënter e puer Joer besteet, mä eigentlech déi scho laang Jorzéngten a Kraaft ass -, déi hätt eigentlech och misse vun deem fréiere Service de Renseignement respektéiert ginn.

Esou dass een also muss soen, dass déi ganz Period net zefriddestellend ass, quitte dass déi, historesch gesinn, an enger Atmosphär vum Kale Krich ofgelaf ass, esou dass mer sécherlech eis Beuerteelung haut misste maache vläch mat engem anere Brëll, wéi deem vun haut. Mä et bleift awer, dass do Saache geschitt sinn, déi eigentlech och deemools hätte misse méi schockéieren, wéi se effektiv schockéiert hunn. Déi deemools net richtig waren, a se si sécherlech mat der Zäit net méi richtig ginn, wann ee se duerch de Brëll vun haut kuckt.

Et ass och an der Vergaangenheet iwwer radikal Léisungen diskutéiert ginn. Effektiv, an der Period `74-`79 - de Premier hat et bei enger anerer Debatt hei ervirgehuewen - war am Regierungsprogramm dran - dat war déi Koalitioun ouni d'CSV -, do war am Regierungsprogramm dran, dass de Service de Renseignement sollt ofgeschafft ginn. Dat war eng Fuerderung vu menger Partei. Mä Dir hutt och virgelies, wéi eis europäesch Verbündeten a besonnesch wéi d'NATO op dee Virstouss, dee probéiert gi war - dee probéiert gi war; et ass net, dass gesot ginn ass: „Dat do maache mer net.“, et ass probéiert ginn. -, mä et hätt praktesch kënnen zum Ausschloss vu Lëtzebuerg aus der NATO féieren, wa sengerzäit déi Regierung Thorn/Vouel respektiv Thorn/Berg dat do duerchgefouert hätt. An esou huet déi Regierung dovunner ofgesinn, fir dat doten ze maachen. An de Courage, fir op en anere Wee ze goen, e schwierige Wee, fir u sech déi Fonctioun vum Service de Renseignement deelweis an d'Police ze integréieren, dee wollt eigentlech sengerzäit kee richtig goen. Esou dass dee Versuch deemools gescheitert ass.

Vu Reforme gëtt laang geschwat, an nach méi laang, wéi de Premier dat elo a senger Äntwert ugedeit huet. Ech hunn do an engem Koalitiounsaccord vu `94 eng Referenz fonnt op en Avant-projet de loi vun 1992. Dat war nach de Jacques Santer. En Avant-projet vun 1992, dee sollt d'Basis sinn da fir Diskussiounen a sollt zu enger Reform féieren. Mir wëssen, dass déi Reform, wéi gesot, net `94 komm ass, och net an där Period komm ass, mä zum Schluss vun der Period drop, 2004.

Also, Fakt ass, dass u sech zwielef Joer laang - zwielef Joer laang! - gewosst war, dass eng Reform misst kommen, an zwielef Joer gebraucht ginn ass, fir dass e Gesetz do war. An et war sécherlech net dee schappege Minister vun der Force publique, dee mat engem Brëif vun drai Säiten, deen en deemools selwer verfaasst hat - duerfir huet en eng relativ gutt Erënnerung nach un deen dote Brëif -, dat ganz opgehale huet. Et war net en anere sozialistesche Minister. Et war nämlech den Här Fischbach, deen och als Justizminister ähnlech Bedenken hat, wéi deemools de Force-publiques-Minister.

Mir hunn eigentlech awer, Här Statsminister, ni driwwer diskutéiert. Dee Projet ass esou sang-und klanglos, wéi en op den Ordre du jour komm war, vum Regierungsrot erëm eng Keier, opgrond vun deem Courier vun zwee Ministere, erëm erofgehol ginn. An et huet, wéi gesot, da bis déi Period drop gedauert, bis en dann an enger anerer Form, ëmgeänneter Form, dann, ech mengen, 2003 op den Instanzewege geschéckt ginn ass. A kuerz virun de Wahlen, déi lescht Woch virun de Wahlen 2004, wou natierlech och d'Kompromissbereitschaft fir Amendemente ganz kleng war - dat kenne mer -, ass en dann och vun der Chamber gestëmmt ginn, mat de Stëmme vun CSV, DP an der ADR.

Et kann een also soen, dass do déi Reform net ganz ausgeprägt war, soss hätt et sécherlech net esou laang gedauert. A wat mech wierklech méi stéiert - an de Premier weess, dass dat e bësse mien Dada ass -, et ass effektiv eng Fro, déi mer 2004 wierklech vill diskutéiert haten, wou jo anscheinend dann och awer d'Kontrollkommissioun dat Joer drop higewisen huet.

Dat heescht, d'Ausféierungsbestëmmungen, wat d'Rechter vum Bierger par rapport zu där Datebank vum Service de Renseignement ugeet, dass déi ni geholl gi sinn, dass se bis



dato och kenger Kommissioun hei an der Chamber, wat den Engagement vun lech war bei den Debatten, presentéiert gi sinn, an dass mer elo 2004-2013, néng Joer drop, zwar anscheinend no dru sinn, fir e Règlement grand-ducal ze huelen, mä nach ëmmer keen hunn!

A wat dann, mengen ech, awer erschwerend derbäikënn, dat ass, dass u sech déi Kommissioun den Artikel 17 vum Datschutzgesetz, eng Spezialkommissioun mat engem Magistrat un der Spëtzt, déi soll garantéieren, dass eng Kontroll vun där Datebank awer ka geschéien, dass déi weinst Streidegkeeten iwwer eng Clearance während darselwechter Zäit néng Joer net fonctionnéiert huet - net fonctionnéiert huet! - a wou och keen eigentlech déi dote Fro tranchéiere wollt, tranchéiere konnt. Ech weess et net.

Si ass net tranchéiert ginn, bis elo ënnert dem Drock - dat wësse mer - vun deenen Evenementer an och deene villen Demanden, déi komm si vun eenzelne Leit, dann elo e Modus vivendi schlussendlech fonnt ginn ass, fir awer deen Zougang zu där Datebank méiglech ze maachen, an och déi Demanden, déi vun de Bierger kommen, dass déi och kéinte behandelt ginn.

Dat bleift awer, menger Aschätzung no, keng gutt Gestuon vun deem doten Dossier. Esou spréngt een eigentlech mat Froe vun Datschutz net ëm. Dat muss ee méi seriö, méi intensiv maache wéi dat, wat eigentlech an deene leschte Joren op deem dote Plang geschitt ass.

Den Androck, deen een och kritt, wann ech och d'Aussoe vun de fréieren Direktore kucken, och déi den Här Santer gemaach huet als fréiere responsabele Minister, dass et awer e Service ass, och wann de Premier elo eng Rei vun aneren Indicatione ginn huet, deen awer e bësse konnt à sa guise fonctionnéieren.

Där Verwaltunge ginn et sécherlech nach zu Lëtzebuerg. Dat hänkt dovunner of. Mä et war awer de Service, deen awer... ech muss soen, wou déi politesch Guidance awer relativ sporadesch war. Wa Guidance komm sinn, si se meeschtens an déi richteg Richtung gaang, déi ech op jidde Fall kéint mat ënnerschreien. Mä wat een awer feststellt, well ech och d'Aussoe vun Här Santer nach an Erënnerung hunn, wéi oft eigentlech déi Kontakter waren. Wann ech den Här Hoffmann kucken, bon, do ass et awer relativ weineg regelméisseg systematesch Kontakter ginn.

Wann Informatiounen sollte weidergereecht ginn, hu se dat selbstverständlech gemaach. Mä et waren awer keng regelméisseg Sitzungen, déi ëmmer och dann de Fonctionnement vum Service eigentlech zum Objet haben. Et ass méi ëm den Austausch vun Informatiounen gaang, déi de Service hat, wéi ëm aner organisationnel Froen.

Ech verstinn dat à la rigueur, bleiwen awer der Meinung, dass bei esou engem Service, deen net eng Verwaltung ass wéi all déi aner, dach awer e gewëssene Laisser-aller feststellen ass, wat och déi politesch Guidance vun deenen dote Servicer ugeet.

Ech mengen also och, dass een och mierkt, dass, och wann een déi eenzel Instruktiounen kuckt, d'Verhale kuckt vun den Direkteren, och par rapport zu eis an der Enquêtékommisioun, dass déi Servicer awer och virun allem geprägt sinn duerch déi jeeweileg Direkteren, déi se hatten, an hir Aart a Weis, fir un d'Aarbecht erunzegoen. Och déi Formation de base, déi se hate vum Militär, op Leit, déi eng aner universitär Formation hunn, do huet ee schonn en Ënnerschied gemierkt op eemol am Fonctionnement vun deem Ganzen.

An ech mengen, dass dat doten also e Punkt ass, wou an Zukunft och weider dru muss geschafft ginn. Esou e Service brauch eng regelméisseg Guidance politique. Organigramm muss mat de politesche Responsabelen diskutéiert ginn an dann zesumme festgehale ginn. Dat dierf net um einfache Brëfverkeier hänke bleiwen. A wann e Minister selwer, dat versteet een, dass e selwer net kann all déi Aarbecht maachen, da muss e säi Ministère esou organisieren, dass dat do méiglech ass.

De Premier huet selwer e bëszen eng nei Iddi hei lancéiert, fir esou e Beoptragte vum Service de Renseignement hei zu Lëtzebuerg anzeféieren. Bon, ech mengen, haut ass et och méiglech an der Organisation vun der Regierung, en héije Beamten einfach anzusetzen, deen exklusiv zum Beispill esou Saachen am Ministère géif verfolge. An dat ass, mengen ech, immens wichtig, dass also do och regelméisseg en dagdeeglechen Usprichpartner besteet, deen net niewendrun nach sechs aner Saache mécht, fir also och kënnen déi doten Aarbecht ze maachen. Am Ausland gëtt de Problem geléist mat Beamtestatssekretären an Ähnlechem méi. Dat ass am Lëtzeburger System e bësse méi schwéier.

Wat een och muss soen, wann ee méi wäit zrëckbléckt, dat ass ganz kloer awer déi Feststellung, déi mer an der Enquêtékommisioun maachen - an déi hu mer, mengen ech, eestëmme gemaach, och wann net jiddwereen d'Konklusioun vum Rapport guttgeheescht huet -, dat ass manifestement, dass et och während laange Jorzéngten e Fichage politique ginn ass, dass also do dat duerchgezu ginn ass. Effektiv muss eréischt déi Aarbecht vun deem Expertegrupp weisen, wéi dat am Eenzelfall organiséiert war, wat do eventuell d'Kritäre waren, déi erugezu si ginn, a wéi déif déi Aflossnam och vläicht op d'Privatliewe vun de Leit war iwwer Observatioun, iwwer Oflauschteren an Ähnleches méi.

Mä et ass evident, dass et während enger Zäit vu laange Joren hei zu Lëtzebuerg e politesche Fichage ginn ass, also zu Lëtzebuerg Spionage gemaach ginn ass. Dat war net de Regelfall, mä et waren awer och net nëmmen dräi, véier Niewefäll, wou et war. Et ass scho méi systematesch gemaach ginn, wéi een hätt vläicht kënnen hei unhuelen.

An duerfir ass et duebel wichteg, dass mer eis eens gi sinn, dass mer an dat neit Gesetz wëllen draschreien, dass et politesch Spionage zu Lëtzebuerg net dierf ginn, dass deen illegal ass. Mir müssen deen och ënner Strof stellen. Dat schéngt mer selbstverständlech ze sinn. An op där anerer Säit, mengen ech, muss mer d'Vergaangenheet an där doter Affär vollkommen och duerchkämmen an definitiv eis eng Meinung dozou maachen.

Wichteg ass et och, dass mer déi eenzel operationell Methoden -, dat war schonn e Virschlag, deen ech am Numm vun der LSAP 2004 gemaach hunn, deen net zrëckbehalde ginn ass -, dass eenzel operationell Methoden, de Premier huet dat elo iwwerholl a senge leschte Virschléi, och definéieren am Gesetzestext selwer an all Kéiers eng speziell, eng ugepassten Autorisationsprozedur virgesinn. An dann natierlech och derfir suergen, dass se respektéiert gëtt.

Ech mengen, wat een hei gemierkt huet oft, dat ass, dass et emol scho Regele gi sinn, oft net ugepasst, oft ass och gesot ginn, dass heiansdo nei Beamte se guer net matgedeelt kritt hunn, wat fir eng Regeln dass se eigentlech ze respektéieren hätten. Do wier et also al Classeure ginn, wou esou Instructions de service dra waren. Mä et ass eréischt am Juli 2012 ënnert dem Här Heck, wou e Code gemaach ginn ass, wou sämtlech Instruktiounen iwwerschaft gi sinn, vill neier derbäikomm sinn a Felder, wou et keng Instructions de service gi sinn, an déi elo voll a ganz stinn an déi och eng gutt Basis duerstellen, fir herno eis legislativ Aarbecht op deenen dote Punkten ze maachen. Mä virdrun ass et dat alles net ginn.

An dofir ass et, mengen ech, wichteg, dass, wa mer och nei Texter maachen, eis net zefridde ginn - „Ah, elo hu mer en neien Text, elo ass alles an der Rei.“ -, mir müssen och Kontrollmechanisme virgesinn, fir sécherzestellen, dass déi Regeln, déi mer festsetzen, och respektéiert ginn am dagdeegleche Fonctionnement vun deem Service, dass net erëm eng Kéier fräischaffend Kënschtler do kënnen maachen, wat se wëllen an deem Ganzen. Dat ass, mengen ech, en Hauptpunkt, dee mer am A ze behalen hunn.

Ab 2004 sollt alles besser ginn. Dat war d'Absicht, déi hei gesot ginn ass bei deenen Debatten, déi gesot ginn ass. Elo ass awer festgestallt ginn, dass grad nom Gesetz vun 2004 mer an déi Period erakomme vun 2004 bis 2009, wou mer eigentlech elo vläicht den Detail wëssen hei, dee mer net hu fir déi Period virdrun, mä wou mer elo muss feststellen, dass et awer do net zu klengen Dérapagen, mä ech géif echt soen, et zu graven Dysfonctionnement komm ass.

Dat sinn och d'Aussoen, déi den aktuellen Direkter, den Här Heck, virun der Kommissioun gebraucht huet. Hien huet vu graven Dysfonctionnement geschwat a sengen Aen, déi während där Period vu véier, fénnef Joer, no der Mise en vigueur vun deem Gesetz geschitt sinn. Obwuel mer also e besseren Text hate wéi virdrun, ass et manifestement duerch d'Wierke vun enger Handvoll Leit... Net duerch d'Wierke vum ganze Service; ech mengen, dat behaupt hei keen. Dat muss een och dobaussen, mengen ech, kloerstellen. An deem Service huet jo och munches fonctionnéiert.

Mä an deem kriddelechsten Deel natierlech, an deem operationellen Deel, et ass jo do, wou Dérapagen am geféierlechte sinn, et ass do, wou eigentlech effektiv d'Biergerrechter am lichteste kënnen ugegraff ginn, wou een am lichteste eigentlech och op enger Pente vun Delikter ass. Et ass an deem Beräich, grad an deem Beräich, deem kriddelechsten, do huet et net ronn gedréit während där ganzer Zäit, duerch déi Leit, déi mer kennen, déi Nimm, déi doruechter zirkuléieren. Alleguerste si se vun eis als Zeie gehéiert ginn. An et ass erauskomm,

dass kee vun deenen eigentlech propper dos-teet an u sech alleguerste méi oder manner déif a Strofvorgehen eigentlech mat implizéiert sinn, wou mer weinst der Prescriptioun allerdéngs net sécher sinn, ob déi kënnen ganz bis zu Enn och vun der Justiz verfollegt ginn.

Wat festgestallt ginn ass, et ass einfach, et sinn eigentlech an deem Service do e Grappvoll Agenten, déi sech vläicht fir Superspiounen geholl hunn, an, ech mengen, och zum Deel toléréiert vum deemolegen Direkter. Dat huet sech eréischt e bësse méi spéit erausgestallt, muss ech soen. Mä ëmmer méi ginn ech dat Gefill net lass, dass u sech och déi Dérapagé vun deene Leit, déi do op Operatione geschafft hunn, op eege Fauscht zum Deel geschafft hunn, awer och zum Deel mam Seege vum Direkter dat duerchgefouert hunn, bis op e gewësse Punkt zumindest. Dass dat natierlech net ka sinn, dass an engem Geheimdéngscht e kleng Geheimdéngscht no sengen eegene Regeln, dat sinn net d'Regele vun engem Rechtsstat, fonctionnéiert. A genau dat ass awer während enger relativ laanger Zäitperiod geschitt.

Elo kann een driwwer spekuléieren an der Aschätzung: Wéi grav ass dat? Wéi grav ass dat net?

Ech menge schonn, dass et grav ass. Och dee Cumul vun Affären eigentlech, déi awer do eropgeschwämmt ginn ass duerch Informatiounen, déi an der Press publizéiert gi sinn, déi awer zu engem gudden Deel vun anere geliiwert gi si fir d'Press an op deene mer eigentlech och als Kommissioun hei probéiert hunn ze schaffen; alles dat, mengen ech, weist, dass do Leit geschafft hunn, dass Tracen eigentlech, haut zumindest nach, vun all hiren Aarbechten an deem Service ermëzefanne waren, dass déi intern Regeln, déi awer deelweis bestanen hunn, regelméisseg ignoréiert gi si vun deenen dote Leit, ouni dass dat u sech zu iergendwelche Moossregele gefouert hätt vun hirer Direktioun.

An och Warnungen, déi intern vum Service - ech hat nach viru Kuerzem e Gespréich mat engem fréiere Mataarbechter -, Warnungen, déi eenzel Leit gemaach hunn, déi higewisen hunn den Direkter vum Service: „Pass emol op, déi dote sinn amgang, Saachen ze maachen. Esou kënnen mer net schaffen. Dat entsprécht net eise Regeln.“, si vum deemolegen Direkter superbement ignoréiert ginn. Déi hunn net dozou gefouert, dass iergendwelch intern Moossnamen direkt an deem Service gemaach gi wäre géint dee Grapp vu Leit, vun deenen ech virdru gesot hunn, déi als Électrons libres an deem Service, méi oder manner, fonctionnéiert hunn.

Den zoustännige Minister wousst dat meeschtens net direkt! Ech hu keng Indizien, dass de Statsminister... Och wa sech heiansdo op de Statsminister beruff gëtt, weess ee jo ni, ob dat da wierklech esou war oder ob dat eng gutt Ausried war, eng gutt Formule war par rapport zu Drëtpersonen. E wousst meeschtens net direkt, wat geschitt.

Ech sinn och der Meinung, dass e sporadesch gutt reagéiert huet, gestoppt huet, mä, an en huet dat selwer ganz zum Schluss vu senger Intervention virdrun och gesot, dass en awer net fir den néidege Suiivi vu sengen eegenen Instruktiounen gesuergt huet. En huet net nogefrot: „Ma, ass et dann och wierklech esou geschitt? Wat ass dann elo schlussendlech erauskomm, wat ech deemools gesot hunn am Service? Ass drop reagéiert ginn? Ass dat gemaach ginn, wat ech deemools als Instruktioun ginn hunn?“

En ass am Fong net onbedéngt op de Fong vun de Saache gaangen. Virun allem och si keng generell Konklusiounen aus eenzelne Feelverhale gezu ginn. Et ass bei der Reaktioun op de spezifische Fall an der Regel bliwwen. An dat kann een, soen ech ganz éierlech, net zefriddestellen, wann een d'Envergure vun deem ganzen Dysfonctionnement an deem Service während där Zäitperiod do kuckt.

Bon, de Premierminister, soen ech, war vläicht mat sengem Vertrauen net ganz eleng do. Och d'Kontrollkommissioun, dat schielt sech eraus, och wann ee mat de Membere schwätzt vun der éischerter Kontrollkommissioun, vun der zweeter Kontrollkommissioun, dass do och e gewëssent Vertrauen, bon, blannt Vertrauen, ech wëll et net vläicht gradesou ausdrécken, mä e Vertrauensverhältnis war tëschent deene Membere an der Direktioun vun deem Service, och par rapport selbstverständlech vum Statsminister, deen, wann hie seet: „Bon, ech hunn dat gemengt, et soll een dat esou regelen, esou arrangéieren.“, da spréngt vläicht net jiddwereen op a seet: „Här Statsminister, esou geet dat do net, ech gesinn dat ganz anescht.“

Bon, mir sinn, och wat d'Kompositioun vun där Kontrollkommissioun ugeet, wou d'Fraktiounscheffen dra sinn, Leit, déi also e gewëssene Status an eng Responsabilitéit hunn, si mer vläicht

an engem aneren Émgang wéi een dat soss op politeschen Tribüne gesäit. An do ass een och e bëszen de connivence, do ass een e bëszen an engem anere Verhältnis, wat och erkläert, firwat een, wa gewësse Léisunge proposéiert ginn, vläicht net mat där leschter Heftegkeet an där Sitzung do reagéiert, wéi een dat vläicht géif maachen, wann Informatiounen an engem aneren Zesummenhang, an enger anerer Enceinte komm wären.

Mä Fait ass et, a mir soen et och an deem Rapport vun der Enquêtékommisioun, dass an där nei geschafener Kontrollkommissioun, déi virun Neiland stoung, déi mat enger Ausnahm aus Leit zesummegeat war, déi och virdrun eigentlech sech ni mat der Problematik vum Service de Renseignement befasst hunn - et ware jo net si, déi d'Haaptfriedner waren an der Debatt vun 2004 -, dass et natierlech net evident war, déi Aarbecht do a vollem Émfang ze maachen, well dat heiten u sech jo eigentlech och keng gängeg parlamentaresch Aarbecht ass. Zemo-ols Enquêtes ze féiere mat eenzelne Beamten zu prezisen Dossieren, ass eigentlech net déi gängeg Aarbecht an der Politik, wéi se sech mécht.

Ech froe mech och, ob dat och sengerzäit vun den Auteurs vum Gesetzestext wierklech gewollt war, dass déi doten Aarbecht sollt an déi absolut Déift, an déi eenzel Missiounen eragoe vun deem Service, och wann een Artikel - et ass e bëszen e Widdersproch -, een Artikel an deem Gesetz dat dote méiglech mécht. Mä virdru steet deen Artikel, dee jo awer den Här Mille net midd ginn ass, eis ëmmer ze rappeléieren, fir ze soen: „Majo, ech als Direkter, ech dierf just, well soss sinn ech direkt an der Illegalitéit, ech maache mech strofbar, ech dierf am Fong d'Kommissioun nëmmen iwwert déi allgemeng Aktivitéite vun deem Service informéieren. An dat hunn ech selbstverständlech gemaach. Jo, de Premierminister huet mer gesot: «So hinnen alles, wat s du och mir sees.», mä ech hu mech am Kader vum Gesetz beweegt.“

Dat war déi lescht Ausso, déi den Här Mille zu där doter Fro gemaach huet. A wann natierlech d'Kommissioun selwer vun dem Direkter, wat hiren Haaptinterlocuteur war, nëmmen déi doten Informatiounen kritt, ass et net evident, wann net déi Informatiounen vum Service da selwer kommen, op eenzel Missiounen anzegoen! Well et ass schwéier ze roden eigentlech, wat fir eng Missiounen am Detail eigentlech esou e Service mécht, wann net virdrun een och selwer dann zumindest Indizie kritt, a wat fir eng Richtung dass déi Aarbechten an deenen eenzelne Felder vum Service lafen.

Ech mengen, do ass sécherlech e feelende Bëss gewiescht an där Enquêtékommisioun (veuillez lire: Kontrollkommissioun), zumindest an deenen éische Joren. Och do huet sech munches awer am Laf vun de Jore verännert. An déi Rapporten, mengen ech, déi gemaach gi sinn, weisen awer, dass d'Kommissioun versicht huet, ganz seriö Aarbecht och ze leeschten.

De Problem ass - an dee stellt sech ganz kloer, och wat d'Aschätzung vum Verhale vum Statsminister ugeet als zoustännige Minister -, dee sech hei gestallt huet, ass, wann ee grav Dysfonctionnement feststellt, wann ee mierkt, dass Saache schifgelaf sinn, dass, wann ee selwer mierkt, den Direkter zeechent e Gespréich, e confidentiell Gespréich, wat e mat mir huet, op: Wéi reagéiert een dann? Schwéier ze soen!

De Statsminister huet et gemaach. Hien huet sech Zäit gelooss, fir ze reagéieren. En ass et Chrëschttag gewuer ginn, en huet gutt dräi Méint gewaart, ier en de President vun deemools vun der Kontrollkommissioun informéiert huet. An do sinn nach eng Kéier dräi Méint vergaangen, déi Woch vun de Wahlen praktesch, wou dann eng Sitzung war vun der Kontrollkommissioun.

An déi Fro, déi sech ëmmer erëm stellt bei deene Saachen, ass: Ginn ech de Wee vun de legale Prozeduren oder probéieren ech déi dote Fro op eng aner Aart a Weis ze léisen?

Wa mer haut kucken, wat sech aus deem Ganzen erginn huet, mengen ech, si mer eis eens, de Premier huet dat och ugedeit, dass, wann een elo kuckt, wat elo awer vu Schued am Endeffekt entstanen ass fir vill Institutiounen, net nëmme fir de Service de Renseignement, wär et sécherlech méi richteg gewiescht, en anere Wee ze goen.

Et ass net einfach, sech mat héije Beamten ze streiden! Ech hunn et a mengem politesche Liewe matgemaach.

► Une voix.- Jo!



► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech war zimlech eleng...

► **La même voix.**- Jo!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).-...och déi Zäit. Ech hunn et gemaach.

(Interruption)

Dat war evident, dass ech wéisst, dass entweder dat geet esou oder esou. Ech hunn awer deemools d'Décisioun geholl: „Du kanns der dat net bidde loossen. Du kanns nëmmen de Wee vun der Öffentlechkeet goen. Du muss dee Risiko do agoen. Da geet et eben aus, wéi et ausgeet.“ Ech hat, mengen ech, och keen anere Choix. Ech hunn och keen anere Choix gesi fir mech.

De Statsminister huet, an engem anere Kontext, eng aner Décisioun geholl. Haut sti mer, mengen ech, dach zum Deel awer virun de Schierbele vun enger Krisegestioun, vun där sech erausgestallt huet, dass et eigentlech net déi richteg war.

Et muss een och heiansdo dee Wee goen, net vun - wéi géif ech soen? -, vun dem Licenciement déguisé oder eng Peine disciplinaire déguisée, déi eigentlech verbueden ass an eise Rechtssystem, mä da muss mer de Wee vun den normale Prozedure goen. Dat ass natierlech beim Service de Renseignement nach méi kriddelech wéi an anere Servicer. Do ass och liicht Chantage ze maachen. Ech ka mer dat ausmolen. Et gëtt jo e puer Indicationen dran an deem Dossier, dass eenzel Ex-Agenten och emol, wa se dann e bëssen ënner Drock komm sinn, da gäre gesot hunn: „Majo, soss paken ech aus. Oder ech soen hei oder ech ginn an d'Öffentlechkeet.“, an esou virun an esou weider. Dat ass net einfach, déi doten Décisioun ze huelen.

Mä nach wie vor ënnerstinn déi Beamten och eise Disziplinarrecht, si ënnerstinn dem Statut vun der Fonction publique. An déi Regele sinn och ze respektéieren, ausser et si wierklech ganz, ganz grav aner Interessen, méi héich Interessen, déi dat doten onméiglech maachen. An, wéi gesot, all Préposé huet och nom Statut d'Obligation, wann en e Manquement zum Statut du fonctionnaire, also net onbedéngt en Delikt, mä nëmmen e Manquement zum Statut du fonctionnaire feststellt, ass e gehalen eigentlech, en Disziplinarverfahren ze maachen. Dat géllt natierlech an éischer Hisiicht fir den Direkter, géllt à la rigueur - ech hunn déi Affär awer net nogekuckt - och fir den zoustännege Minister, deem dann driwwer steet.

Bon, wéi kéinte mer et besser maachen? Mir hunn eng Rei vu Virschléi zrëckbehalen an eise Rapport. Et muss se Regele ginn. Et muss kohärent Regele ginn. Do ass munches vu Viraarbecht geleescht ginn an deene leschten zwee Joer.

Mir mengen och, dass mer eng Rei vun deene Regeln, déi elo nëmmen an enger Instruction de service sinn, déi also keen Effet juridique direct hunn, dass mer och déi sollten an e Gesetzestext kleeden, fir deem Ganzen also och wierklech en direkten Effet ze ginn. Wéi zum Beispiel d'Fro, dass Missionsrapporte muss gemaach ginn a répertoriéiert ginn. E Répertoire och vun de Quellen. E Répertoire, zu deem natierlech net jiddwereen Zougang huet. Dat ass eng Diskussioun, déi och momentan an Däitschland ganz intensiv gefouert gëtt, well do och bei de Quellen zwar muss e Schutz sinn, mä awer och relativ vill Unfug geschitt, wat déi Fro vun de Quellen ueget.

A fir mech, an deem schlémmste vun alle Fäll, dat ass deem, dat schéngt mer awer ee montéierte Coup géint ee vun deenen héchste Magistraten an eise Land ze sinn, do ass jo grad déi Fro vun der Quell jo ganz speziell an deem Ganzen, wann een dee Rapport Kemmer do kuckt, wou op eemol vun anscheinend zwou ganz vertrauenswiderdege Quellen, déi eng vun där aner ganz kloer Nimm genannt hunn. An dann, no enger kuerzer Enquête, stellt sech eraus, dat war alles falsch.

Ech verstinn do näischt méi eigentlech an deem Ganzen. An ech wär eigentlech och frou, wann do nach méi géif nogekuckt ginn, wéi eigentlech déi ganz Affär do, wéi an deem ganzen Dossier, wou dann op eemol den Numm vum Generalstaatsanwalt vun haut eragerutscht ass, wéi deem iwwerhaupt konnt esou zustane kommen, a wéi systematesch och Dossiere vun der Police oder Gendarmerie op eemol eriwwekomm sinn an de Service de Renseignement, wat de Service de Renseignement domadder gemaach huet.

Dat bleift, mengen ech - och net nëmmen zu Lëtzebuerg -, dee Fait do, deem Dossier do, bleift en eenzege Skandal! An ech soen lech,

och an anere Länner géif esou een Dossier net ouni iergendwelche Konsequenzen op nationalem Plang bleiwen.

Dat kann een elo hei gesi wéi ee wëllt. Dat ass fir mech eppes, wat net ze akzeptéieren ass. Dass mer dat einfach esou hinhuelen, dat war dann eben esou an - hépp! -, da gi mer op deem nächsten Detaildossier weider. Dat bleift eppes, wat net ze akzeptéieren ass a wou mer muss Konsequenzen zéien!

Ee Wuert wëll ech awer och soen zur fundamentalen Fro, et hätt een dat alles misse virzéien: Brauche mer e Service de Renseignement?

Bon, meng Partei ass historiesch gesinn, dat wësst Der, ëmmer ganz skeptesch gewiescht zu esou engem „Spätzeldéngscht“, wéi en och am Parteijargon genannt ginn ass. Mir sinn awer zur Meenung komm, éischters, well keen autonome Stat hei a ganz Europa kee Service de Renseignement huet - ech kenne kee Land an Europa, vun enger minimaler Gréisst, wat net en Usaz vun engem Service de Renseignement hätt -, also mengen ech schonn, dass mer esou eppes brauchen.

Mir kënnen eis net ofkapsle vu Renseigner, vun Informationen, déi op internationalem Plang tëschent de Services de Renseignement ausgetoscht ginn. An déi och nëmmen tëschent de Services de Renseignement ausgetoscht ginn an déi net ausgetoscht gi mat anere Stellen. Déi net direkt un d'Justiz ginn an net direkt un d'Police ginn.

Et ass also wichteg, dass mer, mengen ech, esou eng Ulafstell behalen, dass mer eis do net erausbriechen aus deem internationalen Netz, wat op deem dote Plang besteet. Wat awer och eng Fro vun öffentlecher Sécherheet ass, déi een net dierf einfach op déi liicht Schëller huelen. Zemools well mer eng grouss Finanzplaz sinn, well mer e grouse Wirtschaftszentrum sinn, ass de Risiko vu Wirtschaftsspionage och reell.

Dofir mengen ech, kënne mer net einfach soen: „Dat doten ass eppes, oh, et ass e Luxus, op dee mer am Fong schnell kënne verzichten.“ Ech menge schonn, dass mer esou eppes brauchen. Dee muss zum Deel aneschtens fonctionnéieren. E muss besser kontrolléiert ginn. E muss aner Regele kréien. Mä am Prinzip, mengen ech, sti mer eigentlech dozou, dass mer, wéi all aner souverän Staten an Europa, esou ee Service brauchen.

Net d'accord si mer à ce stade, fir iwwer eng Augmentation vun den Effektiver ze diskutéieren. Ech mengen, elo wär emol wichteg, dee Service ze stabiliséieren, d'Vertrauen erëm hierzestellen. An da kann een no e puer Joer vläicht eng aner Diskussioun féieren. A mir sinn och net d'accord, dass mer eigentlech déi Missioun vum Service nach sollen ausbreede par rapport zu deene Missiounen, déi en haut huet. Mir missten déi Missiounen éischer präziséieren, e bësse méi aschränke par rapport zu deem, wat mer am Gesetz vun 2004 hunn, mä net onbedéngt déi Servicer do nach ausdehnen.

Ech mengen, ech brauch net méi op eis Virschléi anzegoen, déi mer gemaach hunn. Nach eng Kéier de Prinzip nees nach eng Kéier festhalen, dass eng extern Kontroll wichteg ass, mä dass eng intern Kontroll an engem Beräich vum Service de Renseignement déi eenzeg ass, déi eiser Meenung no - an dat hu mer 2004 gesot, et ass net op eis gelauschtert ginn -, déi kann effikass sinn. Wéi mer och müssen d'Artikelen 88-3, 88-4 vum Code d'instruction criminelle nei formuléieren, wéi mer müssen eise Code pénal reforméieren, wat dat ganz Kapitel iwwert d'Delikter géint d'Stassécherheet ueget an textuell Gesetzer och müssen änneren.

An, last but not least, ech mengen, och eist Gesetz vun 2011 iwwert d'Enquête parlementaire, muss mer, opgrond vun deenen Erfahrungen, déi mer elo gemaach hunn, bei der praktescher Emsetzung vun deem Text och an eenzelne Punkten adaptéieren.

D'Kapitel Responsabilitéiten. Ech hu gesot, dass mer iwwerzeegt sinn, d'Justiz wäert déi Enquête bis un en Enn féieren, do wou se dat kënne maachen. Bei all déi Enquêtes, déi elo lafen, bei déi eng oder anerer Pré-enquête, déi ugekënnegt gi si vum Parquet, wou notament, wéi gesot, och déi dobäi ass ronderëm d'Pädophilie, „Katana“, „Sphinx“, wou sech awer elo, no den Aussoen och vum Parquet, erausgestallt huet, dass effektiv dat net nëmmen eng Affär vun deenen dräi war, mä et do manifestement zumindest awer eng méi oder manner offiziell Sitzung ginn ass, wou fënnf bis sechs Leit an och den Direkter mat bedeelegt war, wou décidéiert ginn ass, deem Dossier net integral un de Parquet weiderzeginn, mä en u sech nach „in house“ ze halen.

Wéi wäit herno dorobber enquêtéiert ginn ass, dat ass ganz richtig, ass net kloer. Manifestement ass do vun héichgestallte Membere vun

der deemoleger Direktioun, mam Chef vun den Operationen, décidéiert ginn, dass den Dossier emol, wat deem dote Volet ueget, soll am Service weider traitéiert ginn, wat manifestement e Verstouss ass géint d'Gesetz vun 2004, wat de Service de Renseignement ueget.

Ech hu gesot, Meeneeden zuhauf, mengen ech, an deem ganzen Dossier, d'Netweiderreeche vun Indicationen, déi kënnen zu engem Delikt oder zu engem Crime féieren, wou ech wëll betounen, dass dat zwar eng Obligation morale ass, déi besteet, awer och eng Kéier hei wëll soen, dass dat selwer keen Délit pénal ass, wann een dat net weidergëtt. Bon, haut hu mer Entrave à la justice, deem Delikt, deem zum Deel dat dote ka mat ofdecken. Mä u sech ass dat eng Obligation morale, wou s de eventuell deng Responsabilité civile engagéiers, mä wou u sech awer keng direkt Sanktioun drop ass. Dat mécht awer der Kaz kee Bockel.

Ech wëll drun erënnere, dass an eiser parlamentarescher Geschicht emol eng Kéier ee Minister wéinst Netdénonciation vum engem méiglechen Delikt hei vun der Chamber, sengerzäit mat de Stëmme vun der CSV a vun der DP, eigentlech gedirängelt ginn ass, fir seng Demission ze ginn, wat dann och herno zur Demission vun der Regierung an zu Neiwahl gefouert huet.

Disziplinaresch Verantwortung. Déi ass menger Usicht no ginn an enger ganzer Partie Fäll. An et ass do, wéi gesot, ee vun de Kritikpunkten, déi ee muss uféieren, firwat net méi systematesch hei och den disziplinaresch Wee gaange ginn ass ouni Contournementer.

Dat ass zum Deel nozevollzéien, ass awer menger Usicht no net richtig an där Envergure a mat där Systematik eigentlech, praktesch mat enger Ausnahm - dat ass déi Affär mat den Autoen -, wou soss a kengem anere Fall eigentlech, sief et den Direkter, sief et den zoustännege Minister eigentlech dee Wee ageschloen huet, fir disziplinaresch eigentlech géint eenzel Leit virzegoen.

Wat mer awer ganz kloer soen, dass mer der Meenung sinn, dass, nieft deem, wat elo beim Här Kemmer an d'Wee geleet ginn ass vum Wirtschaftsminister, och mir der Meenung sinn, dass och géint aner Leit, notament den Här Mandé an, wann dat juristescht méiglech ass, och géint den Här Mille, dee jo nach an engem Congé sans solde ass, missten och disziplinaresch Verfahren an d'Wee geleet ginn. Dat ass och eng vun de Konklusionen, déi mer gezunn hunn.

Woubäi - wëll ech nach eng Kéier soen - beim Fall vum Här Mandé mech manner opreegt, déi Aart a Weis, wéi en an de Service komm ass. Obwuel ech mengen, dass de Broch vun deem Vertrauensverhältnis tëschent dem fréieren Direkter, dem Här Mille, an dem Statsminister, vill mat där Entrée vum Här Mandé an de Service ze dinn huet. Et ass och den Här Mille, deem a senger éischer Ausso hei fir d'Éischt den Numm..., hien huet den Numm Mandé lancéiert am Zesammenhang mat den Nimm vun zwee aneren Agenten, déi mer entre-temps ëmmer erëm an dem Dossier begéint hunn. A manifestement läit - dat ass eng perséinlech Aschtätzung, déi ech hunn -, läit villes vun deem Vertrauensbroch, deem herno den Här Mille dozou bruecht huet, nach eigentlech inakzeptabel Saachen ze maachen, hänkt e bësse mat där Nomination do zesummen.

An ech weess net, ob de Premierminister selwer weess, dass am Organigramm schlussendlech, dee vum Service de Renseignement festgehal ginn ass - ech weess net, ob de Premier deem och guttgeheescht huet -, den Här Mandé herno stoung als „Relations avec le Ministère d'État“, also offiziell agesat ginn ass, e bëssen aus Trotz, dat hu mer erausfonnt bei den Dépositionne vun den Zeien, agesat ginn ass als offizielle Verbindungsmann mam Statsministère. Obwuel et esou ee Posten natierlech selbstverständlech eigentlech net direkt ginn huet an deem Service. An u sech, mengen ech, müssen do awer och Neel mat Käpp gemaach ginn, wat u sech deem Ex-Mataarbechter vun deem Service do ueget.

Politesch Verantwortung. D'politesch Verantwortung ass an eisen Ae ginn. Ginn, well et dach awer eng ganz Rëtsch vun Elementer an deem Dossier gëtt, déi drop hiweisen, dass et zu enger Vernoléissegung vun der Opsichtsflucht vum zoustännege Minister par rapport zum Service komm ass, opgrond vun där spezieller Missioun, déi do de Service huet an déi Aart a Weis, wou en eigentlech muss méi kontrolléiert vläicht gi wéi aner Servicer dat beim Stat muss ginn.

Do huet sech zwar d'Haltung vum aktuelle Premierminister net, mengen ech, fundamental ënnerscheet vu senger Virgänger, mä et bleift awer, dass do dee regelméisseg Suivi, déi regelméisseg Kontroll net esou war, wéi et, a mengen Aen, muss sinn, an eisen Ae muss sinn, fir esou ee Service. Et ass verpasst ginn an deem

Zesammenhang, eventuell, fir dat ze kompenséieren, fir eng ministeriell Uspriechstruktur, Iwwerwachungsstruktur am Statsministère selwer opzebauen, fir dat dote kënnen opzefänken. Et ass an eisen Ae verpasst ginn, wichteg Ausföhrungsbestimmungen - et ass eigentlech nëmmen eng am Gesetz virgesinn, dat ass den Dateschutz - an Zäit vun elo dann néng Joer ze huelen.

Et ass och verpasst ginn an eenzelne Fäll - wou ee ka streiden, a wat fir enge Fäll dat ass, mä de Statsminister selwer huet dat och hei gesot -, de Parquet, d'Kontrollkommission an der Chamber ëmmer integral a schnell ze informéieren.

De Premierminister ass sécher och Affer, an engem konkrete Fall, vun engem méi wéi ondelikaten an inakzeptabele Behuele vun engem Direkter vun engem Service, mä de Premierminister ass awer och an anere Fäll responsabel.

Et sinn, an eisen Aen, Feeler geschitt. Éischer Feeler par omission, wéi dass et aktiv, subjektiv falsch Akte gewiescht wären, déi gesat gi wären. An ech mengen, dofir muss ee geruedstoen. An de Premierminister huet et net haut, mä en huet et an enger viregter Deklaration gesot: „Wie kéint et aneschtens sinn, wéi hien als responsabele Minister?“

Dofir menge mer, dass d'Gravitéit eigentlech vun deene Fäiten, déi festgestallt gi sinn, muss dozou féieren, dass de Premierminister seng politesch Responsabilitéit hei iwwerhëlt als zoustännege Minister. Net well en, an eisen Aen, onéierlech ass, net well en, an eisen Aen, inkompetent ass - dat ass en net -, mä well en, an eisen Aen, hei zum Deel eng falsch Aschtätzung gemaach huet an deem heiten Dossier a virun allem kann et, an eisen Aen, net sinn, dass an deem ganzen Dossier vum Service de Renseignement schlussendlech, en fait, näischt geschitt.

Mir hunn eis sechs Méint an der Chamber intensiv domadder befaasst. Mir hunn dat gemaach a ganz ville Sitzungen. An der öffentlecher Meenung, an der Press, an de Medien, an de Gespréicher dobaussen ass dat doten, nieft aneren Themen, ee vun de groussen Theme gewiescht vun de leschte Méint. An d'Konklusion war no all deenen Aarbechten: „Et ass jo munches schifgaangen. Mä, mäi Gott, et si jo awer och eenzel Saache gemaach ginn. An Zukunft wëlle mer souwiso dann alles anescht an alles besser maachen an da fuere mer eigentlech esou weider wéi virdrun.“

Ech mengen éierlech, dass dobausse weíneg Leit dat dote verstinn. Egal wat fir eng Décisioun d'Chamber hëlt, si mer eis sécher, vill Leit wäerten dat och contestéieren. Egal wéi mer am Endeffekt hei ofstëmmen.

Mä ech mengen, dass et, wann ech elo kucken, wat de Statsminister gesot huet a wat mer elo vu Fakten hunn, wa mer eis eens sinn, dass mer grav Dysfonctionnementen haten a wann ech dann déi lescht Ausso vum Statsminister huelen, dee seet: „Passt op, deemno wéi streng dass mer hei si mat der politescher Verantwortung, wat gëtt dat fir d'Ministère an Zukunft?“

Mä wat fir e Bild gëtt dat dobaussen, wa mer elo géifen hei décidéieren: Politesch Verantwortung, mir gesinn et als Politiker aneschtens. Déi spillt net. Et gëtt eigentlech keng objektiv politesch Verantwortung hei zu Lëtzebuerg.

Dann ass dat sécherlech vläicht e Fräifahrtsschäi fir Beamten. Mä et dierf awer och kee Fräifahrtsschäi fir Ministère ginn an Zukunft. Wann ech kucken, wat mat all deenen Hauptacturen, déi Nimm, déi andauernd an den Dossieren erëmkommen a wou Enquête lafen, wou déi momentan dru sinn a wat mat deene Schlämmes passéiert ass, wa mer vu Responsabilitéit vun de Beamte schwätzen!

Den Här Kemmer ass weider beim Stat, eréischt zënter véier Woche leeft en Disziplinarverfahre géint hien. Den Här Schneider huet aus fräiwëllege Stécker de Service verlooss a seng Firma gegrenzt, wéi en dat während laangen, laange Méint virdru geplangt huet. En ass nach ëmmer Gérant vun där doter Firma. Den Här Mandé schafft weider beim Stat. Momentan weess keen esou richtig, fir wien e schafft a wat e schafft. An den Här Mille ass Chef vun der Sécherheet bei Siemens - och net sécherlech d'Trapen erofgefall mat deem Wiessel, deem e gemaach huet.

Wann een déi dote Fakte kuckt, an da soe mer gläichzäitig: Politesch, esou schlëmm war dat net, do maachen ech d'Housse drënner an da gi mer an d'Vakanz, dann ass et fäerdeg - ech mengen, dass dat net dee Message ass, dee mer als Chamber haut ze ginn hunn.

An ech mengen och ze wëssen, wa mer och emol iwwert déi Punkten do geschwat hunn, dass och de Statsminister eigentlech och eng



héich Usiicht huet, wat déi politesch Responsabilitéit ugeet. Dass déi politesch Responsabilitéit och souguer muss spillen, wann ee perséinlech vläicht keen direkte Feeler gemaach huet, mä awer Schued entstanen ass: Schued entstanen ass an engem Service, Schued entstanen ass dem Land, d'Reputatioun eigentlech vun deem ganze Land dorënner gelidden huet. A genau dat ass awer hei geschitt an deene leschte Méint.

Duerfir si mer als LSAP-Fraktioun der Meenung - an Dir kënnst lech virstellen, dass deen Entschloss eis net einfach gefall ass -, dass mer eis och hei fir politesch Responsabilitäten ausschwätzen. Mir hunn eng Motioun preparéiert, ënnerschriwwen vu Kollege vu menger Fraktioun, wou mer Referenz huelen op de Rapport vun der Enquêtékommisioun, Referenz huelen op d'Explikatiounen vum Premierminister, d'Regierung opfuederen, fir déi Recommandatiounen, déi mer an deem dote Bericht festgehalten hunn, ëmzesetzen, de Premier opfuederen, déi voll Responsabilitéit, déi politesch Responsabilitéit an deem heite Kontext ze iwwerhuelen an d'Regierung opfuederen, beim Statschef ze intervenéieren, fir dass de Wee fräi gemaach gëtt fir Neiwahlen.

Mir mengen, dass, an där Atmosphär vu Rumeuren, Ennerstellungen, wou een ëmmer méi héiert: „Et ass jo alles faul, et ass jo alles korrump.“, e staarken Akt vum Statsminister, deen ech héich respektéieren, e staarken Akt vun der ganzer Regierung an e staarken Akt vun der Chamber wierklech wichteg ass, e Signal ass, fir och erëm Vertrauen hierzustellen, dem Vertrauen an eis Institutionen, déi staark gelidden hunn, eng Chance ze gi fir déi nächst Méint. A mir mengen, dass Neiwahlen, d'Opléisung vum Parlament de Wee dozou ass.

Merci.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant les conclusions et recommandations du rapport de la Commission d'enquête sur le Service de Renseignement de l'État du 5 juillet 2013;

- considérant que la responsabilité objective du Premier Ministre, Ministre d'État est engagée du fait de divers dysfonctionnements graves apparus au sein du Service de Renseignement de l'État, notamment durant la période 2004-2008;

- considérant que le rapport fait également état de certaines omissions du Ministre d'État qui engagent sa responsabilité politique subjective;

- considérant que ces constatations ne sauront rester sans conséquences directes au niveau des responsabilités;

- considérant les explications fournies par le Premier Ministre lors des débats parlementaires;

invite le Gouvernement:

- à mettre en pratique les recommandations formulées dans le rapport de la Commission d'enquête;

- en ce qui concerne le Premier Ministre, à assumer pleinement la responsabilité politique des dysfonctionnements graves constatés;

- à demander au Chef de l'État de procéder à la dissolution de la Chambre des Députés et à l'organisation d'élections législatives anticipées dans le délai légal de trois mois.

(s.) Alex Bodry, Marc Angel, Ben Fayot, Claude Haagen, Lucien Lux.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bodry. Als nächste Riedner ass den Här Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech wëll am Numm vun der grénger Fraktioun do e bësse weiderfuere, wou den Här Bodry opgehalen huet. Mir hunn haut scho vill geschwat iwwer Institutionen, iwwert d'Zesummespill vun Institutionen, iwwer Responsabilitäten. Doriwwer, wie wat wosst, wie wat net wosst, wien och nach eppes wosst, wien eleng eppes wosst.

An de Statsminister huet a sengen Ausféierunge gesot, hie wär der Meenung, wann een an Zukunft alles géif ze vill op d'gëlle Wo leeën, wann de Minister géif responsabel gemaach kënnen gi fir all eenzelne Feeler vun all eenzelne Beamten, da géife mer an Zukunft keng Leit méi fannen, déi bereet sinn, Minister ze ginn, oder si géife reieweis aus dem Amt gejot ginn.

Dat ass natierlech scho bal en Doutschlagargument. Mä de Contraire wier jo dann awer och wouer. De Contraire, dat géif jo heeschen: Wann ee kann de Minister vun allem entlaaschten a vun allem déchargéieren, just well een a senger Verwaltung och nach ee fonnt huet, deen dorunner schëleg ass, dat ass jo dat anert Extrem, wann dat géif goen. Jo, da fanne mer reieweis Kandidaten a Kandidatinnen, fir an

d'Regierung ze goen, well da ka jo kengem Minister méi eppes geschéien!

(**Mme Lydia Mutsch prend la présidence.**)

Natierlech huet de Statsminister do op e Virwurf reagéiert, dee kee gemaach huet. Et huet kee gesot, dass en, dass e Minister, dass de Statsminister säin Hutt misst huelen, well a senger Verwaltung een e Feeler gemaach huet. Dorëms geet et net. De Punkt ass, wann ee Kenntnis huet vu Saachen, déi schifgelaf sinn, wéi een da reagéiert an ob ee sech aktiv implizéiert huet, fir ze verhënneren, dass esou Saache kënnen geschéien. Dorëms geet et. Doriwwer diskutéiere mer. An dat wëlle mer bewäerten. Et geet natierlech net drëms, ze soen, dass de Statsminister muss demissionéieren, well iergendeen a senger Verwaltung e Feeler gemaach hätt.

Ech sinn ee vun deene 46 heibannen, déi net Member ware vun der Enquêtékommisioun. A wéi all déi Leit, déi eis haut nolauschten an nokucken, all déi interesséiert Biergerinnen a Bierger, baséieren a verloossen ech mech och op d'Aarbecht an op d'Konklusiounen vun de Kollegen a Kolleginnen, déi an der Enquêtékommisioun geschafft hunn.

Ech wëll och duerfir e spezielle Merci un de President vun der Enquêtékommisioun, den Här Bodry, riichten, dee wesentlech dozou bäigedroen huet, dass déi Aarbecht bis zum Schluss konnt propper an anstänneg a fair duerchgezu ginn. E ganz spezielle Merci natierlech och u mäi grénge Kolleg François Bausch, de Rapporteur, deen och säint dozou bäigedroen huet, fir an aller Fairness an Transparenz zu engem Bericht ze kommen, deen eigentlech net wierklech attackabel ass.

An ech wonnere mech och duerfir, dass haut de Mëtteg d'Kollege vun der CSV, de Gilles Roth, op eemol d'Legitimitéit vun eenzelne Membere vun der Kommisioun a Fro stellen! Ech wëll awer hei just rappeléieren, dass de François Bausch eestëmmeg an der Kommisioun ugeholl ginn ass. Wat sinn dat do da fir spéit Erkenntnisser vun de Kollege vun der CSV?

De François Bausch war Kandidat, fir Rapporteur ze sinn. Et sinn aner Leit och an der Kommisioun, an der Enquêtékommisioun Member, déi virduen an der Kontrollkommisioun souzen, dat huet kee Mënsch gestéiert bei der CSV. Wéi kommt Der elo drop, fir elo op eemol hei, wann de Rapport fäerdeg ass, op eemol d'Legitimitéit vun engem, dee sech déi Méi gemaach huet, wéi de François Bausch sech se gemaach huet, fir déi Legitimitéit a Fro stellen ze kënnen? Dat ass dach net ganz seriö!

Dir sot och, d'Begrënnung wier, well do eng Rei Leit juge et partie à la fois wieren. Mä si si weder juge nach partie. Si si Parlamentarier. Si maachen hir Aarbecht an enger parlamentarescher Enquêtékommisioun. Si si keng Riichter. Si sinn net juge a si sinn net partie, well de SREL ass ënnersicht ginn. A mir hunn natierlech déi Leit an d'Kommisioun, an d'Enquêtékommisioun geschéckt, déi och duerch hir Connaisancen déi héchste Kompetenz haten, fir an där Kommisioun ze siégéieren. An dat huet kee gestéiert, och net op Säite vun der CSV, bis haut de Mëtteg net. Duerfir kommt, mir vergiessen déi doten Argumenter! Déi Aarbecht vun der Kommisioun ass legitim a si ass och, an eisen Aen, seriö gemaach ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

(**Interruption**)

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Jo, Här Weiler.

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Wann dat alles jo kee Problem war, wéisou huet dann de Rapporteur eng Kéier mussen vun der Sitzung erausgoen, net méi un der Sitzung deelhuelen, an Dir hutt de Rapporteur ersat?

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Majo, dat war net...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Dat huet awer guer näischt domadder ze dinn an dat wësst Der och ganz genau!

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Entschëllegt, Här Bausch.

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Jo.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Dat huet mat eppes ganz aneschters ze dinn. Dat do, dat doten ass wierklech typesch! Typesch, wéi Dir fonctionnéiert!

► **Mme la Présidente.**- Här Braz, Dir hutt d'Wuert, wann ech gelift. Loosst lech et net esou einfach ewechhuelen!

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Wierklech, Här Weiler, dat war net op Är Initiativ hin. Eischstens, d'CSV huet dat net gefrot. Dat huet se guer net gestéiert. Et ass also net Äre Problem. Duerfir

wonnert et mech och elo, dass Der déi Fro stellt. Och do entdeckt Der spéit e Problem.

Zweetens...

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- An der Kommisioun hunn ech d'Fro gestallt an Dir sidd jo...

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- An dat Zweet, zweetens, kouw d'Initiativ vum Här Bausch selwer...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Dat huet guer näischt heimadder ze dinn!

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- D'Initiativ kouw vum Här Bausch selwer, well en net wollt, dass e Wénkelaffekotstrick vum Zeie Schneider och net e Millimeter Chance op Erfolleg sollt hunn. Dorëms ass et gaangen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Une autre voix.**- Ganz genau!

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Eng reng prophylaktesch Mesure.

(**Brouhaha**)

An dass Der dat do Argument hei opwerft...

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Et ass awer net richtig!

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Dach, et ass richtig. Neen, entschëllegt.

(**Brouhaha général**)

► **Mme la Présidente.**- Här Weiler, Dir kënnt dem Riedner gären eng Fro stellen.

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Ech stellen d'Fro nach eng Kéier.

► **Mme la Présidente.**- Wann Der d'Wuert wëllt hunn, dann drot lech an op d'Riednerlëscht, wann ech gelift!

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Behaupt de Riedner, datt den Här Bausch deemools aus der Sitzung erausgaangen ass op seng eegen Initiativ, also op seng eegen Initiativ?

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Selbstverständlech. An ech ginn, Här Weiler...

► **Une voix.**- Jo.

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Mir huelen den Text.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Här Weiler, an ech ginn lech och...

► **Une voix.**- Et war esou.

(**Interruption**)

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Ech ginn lech och e ganz einfache Beleg dofir, Här Weiler. Här Weiler, da lauschtet och no.

► **Une voix.**- Et ass jo total...

► **Une autre voix.**- Neen, waart.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Den Här Roth soll och heibanne bleiwen, da verpasst en näischt.

► **Une voix.**- Ooohhh.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Ech ginn lech e Beleg dofir. Eleng de Fait, dass den Här Bausch mech gefrot huet, fir en ze begleeden an déi Kommisioun, eleng dee Fait misst lech d'Antwort op Är Fro ginn. Ma well en dës le départ d'Intentioun hat, fir an der Kommisioun matzedeelen, dass opgrond vun där Plainte vum Här Schneider, dee jo eng ganz besonnesch Roll spillt an där ganzer Aarbecht hei, dass en dofir léiwer hätt, hie kéint d'Kommisioun verloossen. An en huet mech gebieden, en do ze ersetzen. Dat eleng beäntwert Är Fro iwwer seng Intentiounen deen Dag, wou en an déi Kommisiounssëtzung gaangen ass.

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Ech ginn lech den Text...

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Ech wëll awer elo, wann Der erlaabt, Här Weiler, weiderfuere. Dir kritt herno nach eng Kéier d'Geleeënheet, d'Wuert ze huelen. Well ech zitieren lech och nach. Da sidd Der vläicht erëm motivéiert.

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Très bien.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Nieft deene villen interesséierte Biergerinnen a Bierger gëtt et der awer eng Partie, déi ganz speziell eis haut nolauschten. An dat sinn déi, déi och vum SREL observéiert gi sinn. Ech wëll do just een, stellvertredend fir se alleguerten, nennen: de Fraktiounssekretär vun deene Grénge, den Abbes Jacoby, deen en onbescholtene Bierger ass an deen huet mussen entdecke mat vill Roserei, wéi de SREL, wéi staatlech Instanze mat him an de scho méi laang zrëckleiede Joren ëmgespronge sinn.

Hie war awer net deen Eenzegen. Aner Privatleit och. An net nëmme Privatleit. Och vill Associatiounen sinn observéiert ginn. Fir der nëmmen e puer vun deenen ze nennen, ginn ech lech awer e puer Nimm: den OGB-L, d'Zäits-

chrëft „Forum“, d'Jeunesse ouvrière catholique, d'Ligue des droits de l'Homme, de Mouvement écologique, d'UNEL, d'ASTI, de CLAE, d'Fridensbewegung, Greenpeace, de Radio „Grénge Fluesfénkelchen“, d'Anti-Apartheid-Bewegung, awer och Parteien, wéi zum Beispill eng Lëscht, déi et emol mam Numm gouf „Alternativ Wier dech“, wat eng vun de Virleeferorganisatiounen vun der grénger Partei ass. Dat sinn natierlech alles staatzersetzend Elementer. Natierlech net.

Hannert deesen Associatiounen stinn a stoungen engagéiert Bierger, déi eis Gesellschaft wollten a wëllen no vir bréngen. Hire Tort war et, net stramm konservativ ze sinn, wéi de Statsminister sech ausgedréckt huet, an doduerch eng Gefor, wuel net fir de Rechtsstat, mä duerfir awer vläicht fir de Rietsstat waren.

Et sinn, fir elo méi no bei d'Period vun 2004 ze kommen an dat neit Gesetz vum SREL, awer och nach Froen, eng Fro zumindest, ze stellen. Dir hutt, Här Statsminister, ronderëm 2004, wa meng Informatiounen stëmmen, d'Décioun geholl, fir en Deel vun de Käartercher am Fichage politique zerstéieren ze loosse, notamment déi, wou Mandatsträger sollten dran erwähnt sinn.

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Dat war net meng Décioun. Déi war vum Direkter vum Geheimdéngscht. Ouni mech ze informéieren, huet en déi Karteikaarten zerstéiert. Dat ass eng Nuance.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Okay. Et ass bedauerlech, dass se zerstéiert gi sinn.

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Jo, fannen ech och.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Well dat wier interessant gewiescht. Wa mer eis haut kënnen eens drop ginn, dass eng national Kommisioun soll agesat ginn, mat Historiker, och fir d'Opschaffe vun deem ganzen Archiv do, da wär et natierlech wichteg gewiescht, dass grad déi net zerstéiert gi wieren, dass déi immobiliséiert gi wieren, neutraliséiert gi wieren, aus dem Zougrëff vum SREL geholl gi wieren. Bien entendu, dat wier richtig gewiescht. Mä dass se zerstéiert gi sinn, ass wierklech méi wéi bedauerlech!

Komme mer awer bei de Rapport. 47 Sätzungen, ganz konstruktiv. Am Konsens ass do geschafft ginn. Et ass sech beméit ginn, op jiddweeren anzegoen. Notamment sinn zum Schluss eng ganz Rëtsch, ech mengen, acht oder néng Sëtzunge praktesch, domadder verbruecht ginn, op Amendementsvirschléi ze reagieren. Also eng Konsensaarbecht, déi och deem entsprach hätt, dass dës Kommisioun am Konsens agesat ginn ass.

Et war e gemeinsame Wonsch, fir opzeklären, wat am SREL an de leschte Jore geschitt ass. Mä leider ass dee Konsens kuerz vum Schluss duerch d'Parteipolitik vun der CSV verlooss ginn. De Konsens ass zerstéiert ginn, obwohl an der Kommisioun probéiert ginn ass, à charge an à décharge ze enquêtéieren. An et ass och probéiert ginn, gemeinsam Konklusiounen ze zéien.

An domadder, Här Statsminister, duerch dee Vote de leschte Freideg vun de Verrieder vun der CSV, ass och scho leschte Freideg d'Koalitioun zerplatzt. Net haut eréischt, de leschte Freideg schonn. Zënter dem 5. Juli huet d'Regierung keng Koalitioun méi hanner sech. Vun der Regierung am Allgemengen, awer vum Premier am Besonneschen, hätte mer och dofir schonn de leschte Freiden eng Reaktioun erwaart. Dat wier net méi wéi normal gewiescht.

► **M. Fernand Boden** (CSV).- Se hunn haut nach getaagt. Haut nach.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Jo, sécher.

► **M. Fernand Boden** (CSV).- Haut nach!

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Jo, jo.

► **M. Fernand Boden** (CSV).- D'Regierung ass nach ëmmer do!

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Mä si huet keng Koalitioun méi hanner... Här Boden, kënnt Dir lech dann am Eescht virstellen, dass a méi groussen, entwéckelten Demokratie eng Koalitioun zerbrécht op engem Vote op enger eminent politescher Fro, an dass do de Regierungschef seet: „Ech zéie mech emol fënnef Deeg zrëck, fir e Buch ze liesen. An dann héiert Der vu mer.“ Dat ass dach net wierklech seriö, wat hei geschitt ass. Zënter fënnef Deeg ass d'Koalitioun geplatzt.

► **Une voix.**- Très bien!



► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Mir hu keng Reaktioun kritt, weder...

► **M. Fernand Boden** (CSV).- Mä et ass op 140 Säiten...

(*Interruptions diverses*)

► **Mme la Présidente**.- Erlaabt Der, dass den Här Boden lech eng Fro stellt?

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Här Boden, a mengem Demokratieverständnis ass dat net normal. D'Koalitioun ass viru fënnef Deeg zerbrach. A mir hu fënnef Deeg laang misse waarden, fir eng Reaktioun, net nëmme vum Premier, vun der ganzer Regierung, zu dëser Fro ze kréien.

► **Une voix**.- En hätt och weinstens de Rapport kënne liesen.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- An en urgentë Regierungsrot - en ass jo haut an der Mëttestonn zesummekomm - hätt och éischter kënnen zesummekomme wéi fënnef Deeg duerno. An dat hätt iwwregens och net verhënnert, dass da fënnef Deeg méi spéit nawell de Statsminister, en hätt sech garantéiert där Debatt hei net wëllen entzéien, dass de Statsminister sech och där Diskussioun iwwer seng méi perséinlech Responsabilitéit am Kader vum SRELS-Dossier stellt.

De Rapport ass fir eis als gréng Fraktioun ganz kloer: Ouni verbal Kraftmeierei ginn d'Fakten an d'Responsabilitéite kloer opgedeckt. Déi eng, déi si bei de Parquet weidergeleet ginn a mussen méi spéit, vläicht, virum Riichter assuméiert ginn. Déi aner sinn hei an der Chamber.

Ech wëll virausschécken, dass ech als Parlamentarier am Fong houvreg sinn op d'Kollegen aus der Enquêtékommisioun an och op d'Parlament. Op déi Aarbecht, déi do gemaach ginn ass. Oft gëtt nëmme vun der Kris geschwat; alles ass an der Kris, och d'Institutiounen. Ech hat dat scho bei där Diskussioun ronderëm d'Responsabilitéit vum Luc Frieden gesot. Mä a Wierklechkeet hu mer och, do wou Kris dropsteet, oft funktionéierend Institutioun dran. Dat ass och haut de Fall. D'Chamber mécht hir Aarbecht, esou wéi d'Enquêtékommisioun am Opdrag vun der Chamber hir Aarbecht gemaach huet.

D'Commission d'enquête huet vum 3. Januar bis de 5. Juli, bannent sechs Méint, eng nouwendeg Aarbecht geleescht, an, wéi gesot, am Konsens bis bal zum Schluss.

Ech fannen och, dass d'Press hir Aarbecht mécht. Net nëmmen, well RTL 92,5 den 19. November d'Informatioun public gemaach huet, dass e Gespréich tëscht dem Jean-Claude Juncker an dem Marco Mille opgehoi gi wier. Dat war jo den Ausléiser hei vun dëser Diskussioun.

Ech soen dat och weinst all deem, wat duerno geschitt ass. Well d'Wourecht ass och, dass d'Investigatiounen vun der Press, déi ouni Quellschutz net méiglech sinn, déi Informatiounen un d'Dageslicht bruecht hunn, déi och d'Aarbecht vun der Kommisioun virubruecht huet.

Et ware vill manner déi Leit, déi an d'Kommisioun geruff gi sinn zum Deel, fir auszesoen, déi d'Kommisioun virubruecht hunn. Do sinn der derbäi - domat mengen ech lech net -, Meeschtere vun der Manipulatioun. Et ass hire Beruff, ze desinforméieren, falsch Spuren ze leeën. An dat hu se och an der Kommisioun, fir meng Begrëffer, gemaach.

Ouni d'Investigatiounsaarbecht vun der Press wier déi Kommisioun net esou wäit komm. Et ware manner d'Zeien, wéi d'Press, déi se virubruecht hunn. D'Zeien, déi geruff gi sinn, hunn nach éischter probéiert, d'Kommisioun hantert d'Licht ze féieren. Do also, wou kee Licht oder manner Licht ass.

Mir hu mat vill Intérêt, natierlech mat vill Intérêt, dem Jean-Claude Juncker an awer och dem Gilles Roth virdrun nogelauschtert. De Kolleeg Gilles Roth fiert hei weider, wou d'CSV e Freideg an der Enquêtékommisioun opgehale huet. Si ass, hunn ech d'Gefill, eis e bësse viraus. Si huet de Rapport no 47 Sätzungen, un deene se awer bedeelegt war, jo hei praktesch fir null an nichtege erkläert. Näischt méi ass an deem Rapport gutt. Näischt méi! Et ass e Verrass vun deem Rapport, deen hei gemaach ginn ass.

(*Interruption*)

Dir hutt virdrun och gesot, Dir hätt lech gewënscht, dass um Enn vum Rapport, an der Logik vun engem Contradictoire, och de Statsminister nach eng Kéier de Rapport hätt dierfe kucken. Ech sinn duerchaus där Meenung, dass een an der Logik vum Contradictoire soll schaf-

fen. Jo, et ass just schued, dann hätt Der dat an der Kommisioun solle soen. Do huet d'CSV dee Virschlag leider net gemaach, dee mir ganz sécher ënnerstëtzt hätten.

Mat enger Remarque: net nëmme fir de Statsminister! Firwat soll nëmmen de Statsminister dann an de Genoss komme vun enger méi kontraktiotescher Prozedur beim Ofschloss vum Rapport? Wat eppes ass, wat wierklech üblech ass, notamment am internationale Beräich. Ech erwähne just de Greco, deen eis jo net nëmme Freed gemaach huet a sengem leschte Rapport. Mä firwat hutt Der dee Virschlag an der Kommisioun net gemaach? Do hätt een duerchaus kënnen driwwer diskutéieren. Awer net nëmme fir Are Statsminister, mä fir aner Leit och, déi an deem Rapport Erwähnung fannen.

D'Zil vun der Interventioun vum Gilles Roth, deen ech par ailleurs och schätzen - ech sot dat schonn, ech soen dat och nach eng Kéier hei -, ass awer en duebelt: D'Responsabilitéit vum Jean-Claude Juncker erofzespille respektiv ze verwässeren, an déi vun der Kontrollkommisioun eropzespillen. D'Resultat soll sinn: Déi zwee hu Feeler gemaach, an déi Feeler gläiche sech aus. Et huet kee vu béiden Ursach mam Fanger op deen aneren ze weisen.

An déi ënnerschiddlech Verfeelungen op een Niveau ze hiewen, dat ass an eisen Aen awer eng Damp- an Niwwelmaschinn. Et ass keng Ausenanersetzung méi an der Saach, déi do ugefouert gëtt. Dat do ass Stëmmung gemaach. Stëmmung op vläicht déi virgezunne Wahlen, wou ech mengen, dass d'CSV se scho méi laang verënrlecht huet, wéi dat am Allgemenge geduecht gëtt.

Et ass an eisen Aen intellektuell net éierlech. An et ass virun allem net richtig, wat do gesot ginn ass. Woufir? D'Feeler vun der Kontrollkommisioun maachen d'Feeler vum Jean-Claude Juncker weder ongeschitt nach dofir richtig. Ëmgedrëint och net. Ass de Jean-Claude Juncker manner responsabel, well d'Kontrollkommisioun Feeler gemaach hat? Neen, natierlech net.

De Jean-Claude Juncker muss sech fir seng Aart a Weis, de SREL ze féieren, hei verantworten. Fir seng Décisiounen, a fir déi Décisiounen, déi hien net geholl huet, egal ob d'Kontrollkommisioun do niewendru gutt oder net gutt geschafft huet. Dat solle mer och diskutéieren. Mä et kann awer déi Responsabilitéiten net opweien an där Argumentatioun do. Dat mache mir net mat!

D'Responsabilitéit vum Jean-Claude Juncker ass iwwregens och net um selwechten Niveau wéi déi vun der Kontrollkommisioun. Den Här Juncker huet virdrus gesot a senger...

► **Mme la Présidente**.- Här Braz,...

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Jo.

► **Mme la Présidente**.- ...sidd Der d'accord, dass den Här Roth lech eng Fro stellt?

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Ech si ganz domat d'accord. Ech géif lech just bieten, Madame Presidentin, esou lues am A ze behalen, wéi vill Riedezäit dat mech kascht, well...

► **Mme la Présidente**.- Dir sidd elo bei 16 Minuten.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Et ass gutt, Merci.

► **Mme la Présidente**.- An Dir hutt eng Stonn. Här Roth, wann ech gelift.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Fuert duer.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Zwou Saachen. Fir d'CSV war et ni esou, dass déi Responsabilitéiten op engem gläichen Niveau géife stoen. Mä ee vun de Reprochen, dat ass deen, dass déi zoustänneg Kontrollkommisioun net vun dem Statsminister informéiert gi wier. Or, si hat d'Mëttelen, fir selwer déi Informatiounen anzehuelen.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Ech kommen herno nach dozou. Mä da si mer eis eens, dass dat dem Jean-Claude Juncker seng Responsabilitéit net méi kleng mécht, ob d'Kontrollkommisioun sech selwer nach Feeler virzeweien huet oder net. Dont acte.

De Statsminister sot a sengen Ausféierungen e bëssen an darselwechter Logik, wou et ëm d'Archive gaang ass, et hätt jo kee verbuede kritt vun der Kontrollkommisioun, an d'Archiven ze goen. Dat ass richtig. Mä Dir krut et och net verbueden, Här Statsminister! Dir sidd de Ministre de tutelle. Dir waart och net an den Archiven. Voilà. Duerfir, et ass schonn e bësse speziell, wann een deem engen e Virwurf mécht, dee selwer op een zoutreëft.

Den Ënnerscheid ass: Dir sidd responsabel och fir d'Archiven. Wat do schifleeft, ass och iergendwou dann um Enn Är Responsabilitéit. Dir hätt méi Grënn gehat, well Dir sidd wierklech de Responsable politique an de Ministre de tu-

telle. Dass d'Kontrollkommisioun méi oder manner diligent war, dat ass eng aner Diskussioun, eng aner Appréciatioun an eng aner Responsabilitéit.

Dofir fannen ech et éischter méi gelungen, dass Dir ouni Invitatioun ni an d'Archive kucke waart, wéi dass d'Leit vun der Kontrollkommisioun ni an d'Archive kucke waren, wéi eng Käertercher do leie respektiv net do leien.

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ass dat lech wierklech eescht gemengt, Här Braz?

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Jo, jo, absolut. Absolut!

(*Interruption*)

Ech äntwere just op de Virwurf, deen Dir formuléiert hutt, Här Statsminister.

(*Interruption*)

An dat soen och déi gréng net eleng. Dat soen déi gréng net eleng. Dat soen och Leit vun der CSV, zum Beispill de Lucien Weiler als Rapporteur vum Projet de loi 5133, deen d'Gesetz vum 15. Juni 2004 fir de SREL sollt ginn. E Gesetzesprojet, deen déi gréng iwwregens net gestëmmt hunn, well mir hunn deemools scho fonnt, dass dat net eng zäitgeméis parlamentaresch Kontroll duerch d'Chamber vum Geheimdénsgsch geif duerstellen.

An an deem Rapport schreift den Här Weiler: «Le Premier Ministre exerce l'autorité politique sur le Service; il est le supérieur hiérarchique de ses agents. Le Service en lui-même est une administration comme les autres: (...) et le Premier Ministre est politiquement responsable de son action devant la Chambre et le pays, comme l'est tout ministre pour les administrations sur lesquelles s'exerce son autorité.» Den Text ass vum Här Weiler; d'Betounung, déi war vu mir.

D'Responsabilitéit iwwert dat, wat de SREL mécht, an iwwert dat, wat am SREL geschitt, ass also net gedeelt. Si ass net verdeelt op de Ministre de tutelle an zu engem bestëmmten Deel op d'Kontrollkommisioun. D'Responsabilitéit, an esou gesäit d'Gesetz vum 2004 dat vir, läit eenzeg an eleng beim Ministre de tutelle.

Den Här Weiler huet awer och preziséiert, wat de Rôle vun der Kontrollkommisioun wier. Se sollt eng demokratesch Kontroll ausüben «au-delà de la ‚surveillance quotidienne‘ exercée sur lui par le Premier Ministre». D'Kontrollkommisioun huet also keng Responsabilitéit iwwert dat, wat am Alldag am Geheimdénsgsch géif schifgoen. Dat war net gewollt. Et war ganz prezis drop opgepasst ginn, dass d'Responsabilitéit eenzeg an eleng beim Ministre de tutelle läit an dass d'Kontrollkommisioun ganz kloer keng Responsabilitéit hätt iwwert d'Aktioun.

Esou war et geduecht. Esou ass et och an deene leschten néng Joer dofir gewiescht. An dofir kann een haut net probéieren, Responsabilitéiten, déi jiddwereen ze assuméieren huet, op een Niveau ze setzen. Et ass net déiselwecht Responsabilitéit, a se muss och net d'selwecht assuméiert ginn.

Dat gesot, zwee Reproché muss d'Kontrollkommisioun, besser gesot déi successive Kontrollkommisiounen, déi ab 2004 gewierkt hunn - an net nëmmen hir Presidenten aus deene Kontrollkommisiounen, mä all hir Memberen, och déi vun der CSV, well och d'CSV hat Memberen zënter 2004 an de successive Kontrollkommisiounen - an zwee Reproché müssen déi sech scho gefale loosson an och akzeptéieren: Si hunn hiren Interlocuteurs ze vill vertraut, hunn en fait ausgeschlossen, dass déi eppes anescht wéi d'Wourecht an zwar déi ganz Wourecht géifen zielen, wat eng gewëssen Naivitéit ass. Zweetens, si waren - an dat ass d'Konsequenz och e bësse vun deem éischten - net genuch proaktiv, obwuel se zum Deel d'legal Moyene gehat hätten.

Déi Reproché müssen akzeptéiert ginn. D'Kontrollkommisioun louch falsch, well se integral vertraut huet; wat fir eng Kontrollkommisioun net d'ideal Viraussetzung ass. Si ass do, fir ze kontrolléieren. Si huet drop vertraut, richtig a komplett informéiert ze ginn. Hiert Vertrauen hat se an d'Hänn vu vereedegte Beamten an och vum Statsminister geluecht. Si ass awer weder richtig nach komplett informéiert gi vu kengem vun hiren Interlocuteurs, och net vum Här Juncker.

Der Kontrollkommisioun virzeweien, si hätt hir Missioun guer net wouergeholl, ass awer sécher falsch. E Bléck an de Joresbericht vum 2008 vun der Kontrollkommisioun geet duer, fir ze gesinn, dass d'Kontrollkommisioun do schonn eng ganz Rei Virschléi formuléiert huet, wéi d'Aarbecht vum SREL, besonnesch mat Bléck op déi demokratesch Kontroll duerch d'Kontrollkommisioun, kéint verbessert ginn.

D'Parlament soll awer lernféig sinn an déi nouwendeg Konklusiounen dorauer zéien. A si wäerte sech hoffentlech an der Form vum SREL-

Gesetz vum 2004 erëmfannen. Déi demokratesch Kontroll duerch d'Parlament wäert an Zukunft net méi esou si wéi an de leschten néng Joer.

Och Reprochen, awer ganz anerer, vun enger ganz anerer Qualitéit mussen sech d'Leit vun a ronderëm de SREL awer gefale loosson. Ech wëll net méi op déi Elementer aus dem Dossier agoen, déi besonnesch déi fréier Mataarbechter vum SREL betreffen. Eng Rei vun Illegalitéiten - supposéierten Illegalitéiten - beschreift dann d'Enquêtékommisioun an deem Volet. An ech verweise fir den Detail dovunner op de mëndlechen an och op de schrëftleche Rapport vum François Bausch. D'Enquêtékommisioun huet all relevant Informatiounen un de Parquet weiderginn. An déi gréng hu vollt Vertrauen an d'Justiz, dass dat gemaach gëtt, wat soll gemaach ginn.

Wat awer war an ass, dat ass natierlech d'Fro vun der Responsabilitéit vum Jean-Claude Juncker bei deene Faiten, a wéi e sech haut par rapport zum Rapport vum Parlament positionéiert huet. Och zu deenen Elementer, déi d'Responsabilitéit vum Jean-Claude Juncker betreffen, steet d'Äntwert am Rapport. De Premier wousst net alles, mä vill. Mä en huet net ëmmer gehandelt; wat awer richtig gewiescht wier.

Op de Säiten 110 an 111 gëtt d'Lëscht gemaach vun den Elementer. Ech liesen elo net déi zwou Säite vir. Mä fir déi Leit, déi am Detail d'Reproché vun der Kontrollkommisioun un de Statsminister wëlle kennen, déi fannen op der Sait 110 an op der Sait 111 vum Rapport all déi noutwendeg Informatiounen.

Et ass eng relativ laang Rei vu seriöse Reprochen un d'Adress vum Statsminister. Mat deene Faiten ass natierlech eng Zesummenaarbecht, déi op Vertrauen, op géigesäitegem Vertrauen an tëscht Institutiounen, an eisen Aen net méi méiglech. Vill wichteg Informatiounen si vum zoustänneg Minister net un d'Kontrollkommisioun weidergaangen. Zum Beispill och wichteg Informatiounen an der Affär „Lissouba/Elf“, déi och hätte kënnen bei de Parquet weidergoen. De Parquet huet déi Informatiounen net kritt.

De Marco Mille huet trotz dem totale Vertrauensbroch, deen d'Ophuele vun engem Gespréich tëscht him an dem Premier hätt mussen duerstellen, keng perséinlech Konsequenzen erlieft, weder disziplinarescher nach penaler. D'Affär ass duerch d'Inaktioun vum Premier och verjährt mëttlerweil. Au contraire, de Marco Mille krut en Topjob an der Privatwirtschaft an ass am Congé sans solde.

Hätt de Premier - an en huet virdrus gesot, dat war ee vu senger Feeler, an dat ass och eis Appréciatioun, dat ass effektiv ee vun de Feeler vum Premier - hätt de Premier eng disziplinaresch Aktioun geholl, da wär en haut vläicht net am Congé sans solde. Da wär e vläicht an der Privatwirtschaft, mä net am Congé sans solde. An da wäeren och déi Elementer vläicht bei de Parquet weidergaangen.

A wat wichteg ass: Wier do eng disziplinaresch Aktioun intentéiert gi mat der Transmissioun vun den Informatiounen bei de Parquet, dann hätt dat och eng Signalwierkung gehat am Service. Dat hätt net nëmmen de Marco Mille betraff, wann do duerchgegraff gi wier, mä do wär eng Signalwierkung och an dee ganze Service gaangen, och un d'Adress vun aneren, déi sech dann och vläicht éischter a Fro gestallt hätten an der Aart a Weis, wéi si hir Aarbecht am Service verricht hunn.

De Jean-Claude Juncker wollt Schued vum Service ofhalen - ech huelen em dat och of, ech zweifelen net dorunner - besonnesch och an engem internationale Kontext. Déi Operatioun ass awer schifgaangen, a wéi! Dat, wat sollt verhënnert ginn, ass exactement dat, wat age-tratt ass mat enger Zweetchen nach uewen, am Carré oder souguer am Cube. Et ass e verheerend Resultat!

Eng Operatioun, déi also falsch war dës le départ, well se mat de falsche Moyene probéiert huet, Schued vum Service ofzehalen, well sech dobäi net un d'Regele vum Stat gehale ginn ass. Et wier besser gewiescht - an den Alex Bodry huet e Beispill genannt, wou e virun darselwechter Décisioun stoung -, et wier besser gewiescht, well et richtig gewiescht wier, och par rapport zu de Regele vum Stat, och fir sech net erpressen ze loosse vu kengem an duerch keen, dee Wee ze sichen. Mir hätte kee méi e schlecht Resultat erreecht. Mä fir d'Rechtsstaat-lechkeet zu Lëtzebuerg wär et dee bessere Wee gewiescht.

De Virwurf un de Jean-Claude Juncker, dee jo méi wéi eng Kéier am Rapport gemaach gëtt, deen den Här Juncker selwer duerch seng Ausso alimentéiert huet, en hätt ze wéineg Zäit gehat fir de Service, well et net seng éischt Prioritéit gewiescht wier, dat mag bei verschiddene Saachen stëmmen, awer net bei allem. Am Rapport ginn eng ganz Rei Faiten opgeléicht, wou et



keng Fro war vun Zäit. Do sinn d'Fakte kloer, déi sinn och haut net falsch gemaach ginn.

Den Här Juncker huet jo haut näischt Neies gesot par rapport zu deem, wat an der Kommissioun gesot gi war. En huet sech sécher anescht erkläert. Mä d'Faiten, déi haut erwähnt gi sinn, sinn net nei. Ech hoffen emol - ech si jo net Member vun der Kommissioun -, dass Der der Kommissioun keng Faitë virenthalen hutt.

An do si Faiten dran, déi eng Décisioun verlaangt hätten. Déi waren lech bekannt. Et war keng Saach vun Zäit oder vun net genuch Intérêt, mä et war eng Fro vun der richteger Reaktioun viru Faiten, notamment an där Affär vum Marco Mille. Mä et ass net déi Eenzeg. Ech kommen herno nach zu anere Beispiller.

Wou et och vläicht zum Deel e Problem war vun Intérêt a vun Zäit, dat ass bei der lueser Ëmsetzung vun der Reform vun 2004. De Comité interministériel huet ni getaagt. Här Juncker, Äre Verweis, dass vill Ministere lafend informéiert gi sinn, ersetzt a mengen Aen net de Comité interministériel. Deen ass eng Obligation légale. Dee steet am Gesetz. Do steet net a Klammeren „ausser de Premier gesäit sech vill mat senge Ministeren“. Dat ass eng Obligation légale. Déi ass net erfüllt ginn.

Et feelen eng Rei... Et feele Règlements grand-ducaux, déi d'Regele solle festleeë beim Opstellen a beim Bedreiwe vun den Datebanke vum SREL. Eng ganz sensibel Fro. Eng ganz sensibel Fro! De Règlement grand-ducal ass am Gesetz; néng Joer drop gëtt et en net. Dat ass eng méi wéi lues Ëmsetzung vum Gesetz a weist definitiv net genuch Intérêt fir eng sensibel Fro. Dat-selwecht betrëfft och d'Autorité de contrôle nom Artikel 17.

Dobäi kënnt, an dat ass an eisen Aen de Fait, deen de Vertrauensbroch eigentlech consomméiert, wann dann nach e Fait noutwendeg gewiescht wier: Uganks 2008 huet de Premier, esou wéi et am Artikel 15 Paragraph 6 vum SREL-Gesetz vun 2004 virgesinn ass, d'Kontrollkommissioun gebieden, e generellen Avis ze schreiwen iwwert de Fonctionnement vum SREL. Eng ähnlech Beschriewung wéi d'Missioun vun der Enquêtekommissioun.

Där Aufgab ass d'Kontrollkommissioun och nokomm an huet de 24. Juni 2011 hire Rapport spécial mam Numm «Les activités et le fonctionnement du Service de Renseignement de l'État» beim Premier ofginn. An deem Rapport ginn eng Rei Modifikatiounen vum Gesetz ugereet. Fakt ass, de Premier huet deem Rapport, deen hie selwer ugefrot huet, keng Suite ginn. Déi Aarbecht vun der Kontrollkommissioun war wuel gutt gemaach, mä, nodréiglech be-treucht, Beschäftigungstherapie.

D'Gravitëit läit awer net doranner. D'Gravitëit läit am Fait, dass de Premier zu deem Moment, wou en de Rapport ugefrot huet, iwwer eng ganz Rei Mëssstänn am SREL informéiert war, an dass en dat der Kontrollkommissioun net gesot huet. En huet se also op eng Rees geschéckt, ouni se mat deene wesentlechen Informatiounen, déi him zur Verfügung stoungen, ze équipéieren.

Do kann ee sech, Här Statsminister, beim beschte Wëllen net dovunner befreien, deen Terme „Perfidie“ ze gebrauchen. Et gehéiert awer eng Portioun Perfidie derzou, e Rapport unzefroe bei der Kontrollkommissioun, an all déi Informatiounen, déi Dir hutt, der Kontrollkommissioun net zur Verfügung ze stellen en vue vun hirer Aarbecht. Fir mech, als Member vun där Kontrollkommissioun, wier et e Vertrauensbroch gewiescht, dee consomméiert gewiescht wier. Dee Fait do ass an eisen Aen e speziell grave Fait.

En zweete besonnesch graven Episod, ass d'Affär „Katana“. Dat ass déi Affär, wou de SREL sech d'Recht erausgeholl huet, als Geheimpolizei ze agéieren an domadder a perfekter Illegalitéit, a wou probéiert ginn ass ënner anerem dem deemolege Procureur d'État, de Virwurf vun der Pädophilie unzehänken.

Dir sidd doriwwer op iergendeng Aart a Weis an d'Bild gesat ginn. Dir hutt, mengen ech, an der Kommissioun gesot, an engem Gespréich mam deemolegen Direkter vum SREL wär dat erwähnt ginn, déi Rumeur. An Dir hutt den heitege Procureur général d'État drop ugeschwat mat där flatzege Bemierkung, déi mëttlerweil jiddweree kennt.

Dat war entweder ze vill oder net genuch, besonnesch wou de Robert Bieber och net wierklech drop reagéiert huet. En erkläert sech och a seet: „Ech hu gemengt, dat wär eng Remarque, eppes wéi e Witz gewiescht.“ Dir hutt jo u senger Reaktioun gemierkt, dass en dat net wierklech eescht geholl huet. An Dir hutt et dobäi si gelooss.

Et geet jo awer dobäi eendeiteg ëm Faiten, déi an de Kompetenzberäich vun der Police géife falen. An et geet dobäi ëm den ieweschte Magistrat am Land. A mir verstinn net, wéi Dir et konnt dobäi beloossen, dem Robert Bieber eng

Bemierkung ze maachen. Dir hat also d'Basisinformatioun. Déi ass awer esou grav, dass et net kann domadder duergoen, dass Der sot: „Majo, ech hunn déi Rumeur héieren, an ech hu se emol eng Kéier lassgelooss.“

Dass Der do de politeschen Instinkt net hat, fir ze soen: „Ee Moment, dat do ass awer esou e Konglomerat vu Faiten, dee muss ech awer verdéift wëssen. Wou kënnt déi Rumeur hier? Wie seet dat? Wou kënnt dat hier?“ Dat hutt Der net gemaach. Dir hutt d'Informatioun gehat, Dir hutt dem Robert Bieber se kommunizéiert, en huet net drop gelaut, an Dir hutt et dobäi si gelooss. Awer an enger Affär, déi wierklech eng seriö Gravitëit huet.

Fir eis ass et zumindest Instinktlosegkeet, politesch Instinktlosegkeet. Et war awer och vläicht méi e profunden Ausdrock vun Ärem Désintérêt fir d'Aarbecht a fir d'Veefelunge vum SREL. Op jidde Fall...

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Madame Presidentin?

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- ...war et eng rechtsstaatlech Défaillance un der Spëtzt vun der Regierung.

► **Mme la Présidente**.- Här Braz, sidd Der d'accord, wann den Här Statsminister lech eng Fro stellt?

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Ma selbstverständlich.

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Madame Presidentin, Här Braz, ech hu mech entre-temps dru gewinnt, dass et relativ wéineg Wäert huet, op alleguer déi Virwërf, déi gemaach ginn, anzegoen, well et gëtt jo systematesch laanscht dat geschwat, wat ech als Äntwert ginn.

Mä an där Affär do huet den Direkter vum Geheimdénsgscht mer gesot, eng Source vum Geheimdénsgscht hätt dat gesot. Dat hunn ech dem Här Bieber gesot. Den Direkter vum Geheimdénsgscht huet mer net gesot, dass de Geheimdénsgscht den Här Bieber géif observéieren. Ech hunn en och net ugestallt, den Här Bieber ze observéieren. Ech hunn de Geheimdénsgscht och net ugestallt, an där Affär Pädophilie ze enquêtéieren. Dat geet de Geheimdénsgscht guer näischt un.

Ech hat och Grënn, dervun auszegoen, dass och d'Justiz géif iwwert déi Virgäng do informéiert ginn, opgrond vun deene reguläre Réuniounen, déi stattfonnt hunn tëscht dem Direkter vum Geheimdénsgscht a Vertrieder vum Parquet. Ob dat geschitt ass, weess ech net. Jiddefalls ass sech och op der Justiz am Krees vum Parquet mat deenen Affäre beschäftegt ginn.

Mä sot net, ech hätt bewosst zougelooss, dass den Här Bieber géif observéiert ginn, wann en dann observéiert ginn ass. Dat gëtt jo ofgestriden. Ech weess dat net.

(Interruption)

An ech hunn och net gesot kritt, dass den Här Bieber géif observéiert ginn. Duerfir géif ech lech bidden, net den Amalgam vun alle Saachen ze maachen an enger Affär, déi belaaschtend ass fir déi Concernéiert, och fir mech, well ech den Här Bieber zënter 40 Joer kennen.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Här Juncker, dee Virworf, Dir hutt e virdrun och schonn an Ärer Ried zréckgewisen, dass Dir do een ugestallt hätt, géint den Här Bieber ze enquêtéieren, deen absurde Virworf huet keen lech gemaach.

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Jo.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Neen, Dir weist e Virworf elo fir d'Zweet zréck, dee kee gemaach huet, well e vun enger Absurditéit ass, dass emol kengem heibannen dat géif an de Kapp kommen. Dee Virworf huet kee gemaach!

De Virworf, deen ech probéiert hunn ze formuléieren, Här Juncker, ass net deen, dass Dir do een ugestallt hätt ze enquêtéieren oder dass et lech egal wier. Mir fannen et net normal, dass, wann Dir déi Informatioun kritt, dass Der se net verdéift hutt, dass Der net probéiert hutt, erauszefannen: Ee Moment, wann de SREL, den Direkter vum SREL mir déi do Informatioun gëtt, da soen ech net just, okay, ech ginn dem Robert Bieber dat emol weider an da kucken ech, wéi e reagéiert. A wann deen och net reagéiert, da loosse mer et sinn.

Ech hätt gefrot: Ee Moment, kanns Du mer méi doriwwer soen? Wat leeft do genee? Wou kënnt dat do hier? Wien ass déi Source? Wat ass do geschitt?

(Interruption)

Ma selbstverständlich! Et geet ëm de Procureur, entschëllegt, et geet awer ëm e ganz héije Magistrat am Land!

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Jo, ech weess.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Et ass jo awer net eng Rumeur iwwer iergendee Beamten oder iergendee Bierger. Et ass dat, wat eis stutzeg mécht, Här Statsminister. A weist keng Reprochen zréck, déi mer net formuléiert hunn!

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här Braz - entschëllegt, Madame Presidentin -, de Geheimdénsgscht dévoiléiert mir géintiwwee ni d'Identitéit vun enger Source. Ni!

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Ech hunn net gesot, Dir sollt no der Identitéit vun der Source froen. Ech hu gesot...

► **Une voix**.- Dir hätt dat jo vläicht kënnen eng Kéier nofroen.

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Gelift?

► **La même voix**.- Dir hätt dat jo kënnen eng Kéier nofroen: Ass eppes drun oder...

(Interruptions)

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- De Geheimdénsgscht, laut Gesetz, därf kengem géintiwwee d'Sourcen dévoiléieren.

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Net d'Sourcen, Här Juncker! Wann esou e grave Fait ass, dann hätt ech awer gemengt, dass Dir als Statsminister dann nogefrot hätt: Ass eppes drun, oder maacht Der nach ëmmer, oder huet déi Source sech confirméiert? Et schéngt, wéi wann et eng Kéier an de Raum komm ass, Dir hutt dem Här Bieber et gesot, an dann, et ass riwwer.

► **Mme la Présidente**.- Här Braz, Dir hutt d'Wuert an adresséiert lech am beschten un d'Chamber!

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Wéisou soll ech dat seriö huelen, dee Virworf an déi Rumeur iwwert de Procureur d'État? Ech hunn et grav fonnt, ech hunn dem Procureur d'État dat gesot, ech hunn dat net eng Sekund gegleeft.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Här Statsminister,...

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ech gleewen net egal wat de Geheimdénsgscht mir...

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- ...firwat soll den Direkter vum SREL déi Rumeur esou seriö huelen, dass en lech se weiderzielt?

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ma well den Direkter vum SREL gehal ass, mer esou eppes ze soen.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Mä wann et net seriö ze huelen ass?

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ma hien huet se seriö geholl, mä ech awer net.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Mä dat ass eben de Virworf an dat ass de Problem. Dat ass eben de Problem.

(Interruption)

All déi Faiten, Här President, Här Statsminister, déi begrënnen eenzel, awer och zesummegeholl de Vertrauensverloscht vun der grénger Fraktioun. Duerfir si mer och der Meinung, dass Är Responsabilitéit an der Zomm vun all den Elementer engagéiert ass an och an de leschte Joren net ëmmer assuméiert ginn ass vun lech.

A leschter Analys kann et fir eis och dofir nëmmen zum Récktrëtt vum Statsminister kommen. Well zënter dem 5. Juli an dem separate Vote vun der CSV beim Ofschlossrapport vun der Enquêtekommissioun d'Regierung och keng Majoritéit méi hannert sech huet, muss och d'Regierung sech zréckzéien an domadder de Wee fräi maache fir virgezunne Wahlen am Hierscht. Eng Agonie vun dëser Regierung bis zum Mee 2014 wier e morbiden Zeenario fir d'Land. D'Land brauch eng handlungsfäeg Regierung.

Mir hunn och dofir, Madame Presidentin, eng Motioun preparéiert,...

(Interruptions)

...déi och déposéiert gëtt vun de Kollege vun der DP, vun de Kollege vun der ADR...

(Interruptions)

► **Une voix**.- ...scho bei RTL!

► **Une autre voix**.- Jo, an dann?!

(Interruptions diverses)

► **Une troisième voix**.- Wien huet se dann dohi geschéckt?

(Interruptions)

► **Une quatrième voix**.- Dir net, neen, Dir net. Dir sidd et ni!

(Interruptions diverses)

► **M. François Bausch** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Fir d'Éischt schécke mer et un d'Press an dann deele mer et aus.

► **M. Lucien Clement** (*CSV*).- D'Parlament huet Prioritéit, Här Braz.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Selbstverständlich!

► **M. Lucien Clement** (*CSV*).- Respekt vum Parlament.

► **M. Lucien Weiler** (*CSV*).- Respekt vum Parlament!

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Här Weiler! Här Weiler!

► **M. Lucien Weiler** (*CSV*).- D'Press kritt d'Motioun, mä mir kréie se net!

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- ...huet d'CSV ëmmer d'Prioritéit!

► **M. Lucien Clement** (*CSV*).- Jo, jo. Kuckt de Site vun RTL. Do kann ee se liesen...

► **Mme la Présidente**.- Här Braz, Dir hutt nach ëmmer d'Wuert an Dir kënnt den Dépôt vun enger Motioun maachen.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Merci, Madame Presidentin. Ech déposéieren duerfir d'Motioun am Numm vun der grénger Fraktioun, och am Numm vun der DP-Fraktioun, vun de Kollegee vun der ADR an och vum Kolleg vun déi Lénk.

Déi Motioun geet op de Rapport vun der Enquêtekommissioun an. Si verweist op allgemeng Prinzipien, déi an eisen Aen net respektéiert gi sinn, an duerfir entzéie mer dem Premier d'Vertrauen, awer och mat der Opfuerderung domadder verbonnen, déi Konsequenze perséinlech ze zéien, déi sech imposéieren.

Wann ech gelift, Madame Presidentin.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant le rapport de la Commission d'enquête sur le Service de Renseignement de l'État adopté le 5 juillet 2013;

- considérant que la Commission d'enquête conclut dans son rapport «[...] que M. le Premier Ministre, en tant que supérieur hiérarchique du Service de Renseignement, avait une emprise limitée sur son service. Il a omis de continuer les irrégularités présumées des opérations entreprises par le Service à la Commission de contrôle parlementaire, voire aux autorités judiciaires.»;

- considérant que la Commission d'enquête en vient à conclure «[...] que la responsabilité du Ministre d'État est engagée.»;

- considérant que le respect de l'État de Droit, la séparation des pouvoirs ainsi que le bon fonctionnement et l'indépendance des institutions constituent les valeurs sur lesquelles est fondé le Grand-Duché de Luxembourg;

- considérant qu'il ressort du rapport de la Commission d'enquête sur le Service de Renseignement de l'État que ces valeurs n'ont pas toujours été respectées dans l'action, la direction et la gouvernance politique du SREL;

- consciente que la confiance des citoyennes et citoyens dans les institutions de notre pays a été mise à mal au cours des derniers mois;

- soulignant que la responsabilité politique doit être assumée dans l'intérêt de nos institutions et dans le respect des principes démocratiques;

- considérant que les institutions démocratiques du pays doivent être fortes et déterminées pour faire face aux défis de taille auxquels le pays se trouve confronté sur le plan économique et social;

retire sa confiance au Premier Ministre, Ministre d'État, chef du Gouvernement, et l'invite à assumer les conséquences personnelles qui s'imposent.

(s.) Félix Braz, François Bausch, Gast Gibéryen, Claude Meisch, Serge Urbany.

Wann de Wee da sollt fräi gemaach ginn haut fir Neiwwahlen, fir virgezunne Wahlen, wat méi richtig ass als Terminologie, dann huet déi Chamber, déi aus deene Wahlen erausgeet, vill Aarbecht. Net nëmme weinst der sozioökonomescher Situatioun vum Land an an der Europäescher Unioun, mä awer och, well se sech iwwert d'Zukunft vum SREL an iwwer eng besser parlamentaresch, demokratesch Kontroll vum SREL muss Gedanke maachen an och handeln.

déi gréng sinn net der Meinung, dass een de SREL ersatzlos sträiche kann. Géif een de SREL opléisen - duerfir géif et genuch Grënn -, misst een eng aner Instanz schafen, déi sech als Interlocuteur ënner anerem fir auslännesch Renseignementsdénsgchter kéint presentéieren. Dat kéint nëmmen en Dénsgscht sinn, deen no bei der Police steet oder souguer der Police di-



rekt ënnersteet. Fir déi gréng ass dat eng schlecht Optioun.

Bleift also nëmmen de Wee vun der fundamentaler Reform vum SREL. Dëse SREL, wéi mer en haut kennen, muss ofgeschaaft ginn, an en neie SREL, un der Wuerzel anere SREL muss geschafe ginn. Déi Proposition de loi, déi haut déposéiert ginn ass, ass fir eis e ganz gudden Ufank an déi dote Richtung.

Mir brauchen och eng intern Kontroll beim SREL, wat 2004 nach net gewollt war. An déi parlamentaresch Kontrollkommissioun muss och d'Léieren aus hirem Bilan zéien. Se muss wesentlech méi proaktiv ginn. Se muss och duerfir nach aner legal Moyene kréien. Et mussen net nëmme Présidente vun de Fraktiounen dra siégéieren. D'Chamber soll fräi sinn, an déi Kommissioun ze entsenden, wie se fir richtig derfir hält. Et mussen kënnen Experten am Numm vun der Kontrollkommissioun schaffen am Service, fir Kontrolle kënnen ze maachen.

An duerfir ass och fir eis den Dossier SREL als gréng Fraktioun net zou. Et gött méi Méiglechkeeten, wéi d'Aarbecht ka weidergefouert gi ronderëm d'Reform vum SREL. Et sinn dräi Pisten opgewisen. Mir hunn eng Präferenz fir d'Pist vun der Commission spéciale, mä mat deenen aneren zwou Piste kann een och liewen.

Och d'Justiz wäert hir Aarbecht weidermaachen. Duerfir menge mer, dass ënnert dem Stréch de Rapport vun der Enquêtékommis-sioun och op déi dote Froen déi méiglech Äntwerte schonn opweist. Mir als gréng Fraktioun si bereet, op deen dote Wee matzegoen, a mir sinn och bereet, an deem doten Dossier weider Responsabilitéit ze iwwerhuelen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Braz.

Den Här Bausch hat signaléiert, dass en d'Wuert freet fir e Fait personnel.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*), *rapporteur.*- Weinst Fait personnel, Madame Presidentin. Ech wollt just op dat zrëckkommen, wat den Här Weiler virdu gesot huet, fir dat awer an de Kader ze setzen. Ech hu mech herno ageschriwwen, fir zu aner Saachen ze äntwerten.

(**M. Laurent Mosar reprend la présidence.**)

Den Här Weiler huet hei behaupt, datt an där Sëtzung, wou ech d'Sëtzung verloooss hunn, datt dat weinst dem Aspekt wär „juge et partie“, deen den Här Roth ugeschwat huet am Kontext vu menger Aktivitéit virdrun an der Kontrollkommissioun. Dat ass faktesch falsch.

An där Kommissioun do sinn ech erausgaangen net weinst deem dote Problem, mä well den Agent Schneider eng Plainte um Civil géint mech gemaach huet, ganz gezielt natierlech gemaach huet virun där do Sëtzung, wou hie selwer auditionnéiert sollt ginn. Dat war natierlech, fir d'Kommissioun ze beaflossen. An de Réckschloss war dovunner en Artikel, deen ech op mengem Blog geschriwwen hat. Dat hat guer näischt ze di mat menger Aktivitéit virdrun an der parlamentarescher Kontrollkommissioun. Ech wëll dat hei kloer soen, datt d'Faite richtig sinn.

Herno kommen ech drop zrëck op déi aner Fro vum Här Roth, datt mer eis hei richtig verstinn.

► **Une voix.**- Très bien, très bien!

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Här President.

► **M. le Président.**- Här Weiler.

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Här President, just dozou. Den Här Braz huet virdrun hei ausgeféiert, datt an där Sëtzung, iwwert déi mer elo schwätzen, a wou den Här Schneider gesot huet, nodeems datt den Här Bodry e begréisst hat, e géif wëllen Akt froen, datt en eng Assig-natioun géint de Rapporteur gemaach hätt, wou en héije Schuedenersaz géif froen. En huet dat kloergestallt, datt d'Kommissioun dat weisst. Mir hunn Akt dovunner geholl.

Den Här Braz huet virdu gesot, datt de Rap-porteur deemools fräiwëlleg et de son initiative aus där Sëtzung erausgaangen ass. Ech wëll Iech soen, wéi dat gaang ass.

Mir hunn den Här Schneider héieren an der Kommissioun, an ech hu während där Sëtzung mer déi Assignatioun do ugelies an ech hunn zur selwechter Zäit awer och déi Froen héieren, déi den Här Bausch gestallt huet. An den Här Bausch huet aacht Froen hannernteneen un den Här Schneider gestallt! Dat war ee regelrechte Kreuzverhör, wéi déi Däitsch dat soen, wat den Här Bausch mam Här Schneider gemaach huet.

An du sinn ech intervenéiert an ech hu gesot: Här President, elo mussen mer awer oppassen, wat mer hei maachen! Hei ass eng Affär vum Här Schneider géint den Här Bausch, an elo ginn hei ënner anerem och déi Faite mat an de Froen verschafft, hunn ech mech deemools geiergert a gesot, dat do kann net sinn. Mir müssen oppassen, a wéi engem legale Kader datt mer eis hei beweegen.

Dunn huet den Här Gibéryen sech d'Wuert gefrot an dann huet den Här Gibéryen gesot: Ech hunn déiselwecht Bedenken, fir esou hei weiderzefueren, wéi dat ass. An doropshin huet de President eng Interruption de séance gemaach. An an der Interruption de séance hu mer décidéiert, datt den Här Bausch während där Sëtzung net méi sollt derbäi sinn, an e gouf dann ersat duerch den Här Braz. Et war net...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*), *rapporteur.*- Well mer et selwer décidéiert haten.

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Et war net à l'initiative...

► **M. le Président.**- Här Bausch, da loosst den Här Weiler elo ausschwätzen!

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Et war net esou, wéi den Här Braz et hei wollt...

(**Interruptions diverses**)

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Wat ännert dat do?!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Mä datt den Här Braz d'Wourecht net gesot huet!

► **M. Lucien Weiler** (CSV).- Den Här Braz huet virdrun hei behaupt, et wär de son propre initiative gewiescht, wou den Här Bausch d'Sëtzung verloooss hätt. Ech wëll just soen, no aacht Froen sinn ech intervenéiert an hu gesot, esou kann et net goen. Den Här Gibéryen huet datselwecht gesot. Doropshin huet de President d'Sëtzung ënnerbrach, a während der Interruption de séance hu mer décidéiert, datt den Här Bausch net méi géif participéieren. Dat sinn d'Faiten!

► **M. le Président.**- Gutt. Elo freet den Här Bausch nach eng Keier d'Wuert. Ech ginn... Den Här Bodry.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech ka se vläicht départagéieren. Si hunn allen zwee Recht an Onrecht.

Dat heescht, u sech war et esou, dat kann den Här Weiler net wëssen, dass virdrun den Här Bausch zu mir gesot huet, dass hie sech préparéiert hätt, dass do kéinte Problemer kommen, well dem Här Schneider säin Affekot do aktiv ginn ass. An du huet hie gesot: „Wann do iergendee Problem ass, da sinn ech net méi an der Kommissioun, huelen ech net drun deel.“ Dofir huet hien u sech den Här Braz matbruecht. Et ass wouer, dass en du awer am Ufank an der Sëtzung souz. Do ass effektiv op eng Intervention vun Iech, nodeems et zu engem relativ peinenlechen Intermezzo komm ass, hutt Dir d'Wuert gefrot: „Mer müssen doriwwer schwätzen.“

Also, Dir hutt eigentlech allen zwee recht, wann ech dat dierf hei soen.

(**Interruptions**)

► **M. le Président.**- Jo, gutt. Den Här Bausch, an da fuere mer awer wann ech gelift virun. Jo.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*), *rapporteur.*- Här President, den Här Bodry huet dat gutt geschildert. Ech wëll just nach eng Keier awer och drop hiweisen, datt dat guer näischt ze dinn huet mat menger Aktivitéit an der Kontrollkommissioun an datt den Här Schneider dat Zil erreecht huet, wat e wollt erreechen, wéi en déi Plainte virum Civil gemaach huet. Dat war dat eenzegt Zil, wat do-bäi erauskomm ass. Mä, bon, dee Fall ass ofgeschloss. Et ass gekläert ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Gutt. Da fuere mer elo an der Reiefolg vun den ageschriwwene Riedner virun. An deen nächsten agedroene Riedner ass den Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Téi. Téi vum Séi. Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, no 50 Kommissiounssitzungen huet d'Enquêtékommis-sioun e Rapport ugehol, dee mer haut hei zur Diskussioun hunn. Ech wëll uganks vun eiser Säit aus dem Kolleeg Alex Bodry Merci soe fir déi gutt Presidentschaft, déi hien an där Kommissioun hat. Ech mengen, jiddweree konnt an där Kommissioun dat soen oder froen, wat e wollt. Et ass keen ageschränkt ginn a jiddweree konnt, mengen ech, dofir säi Bäitrag esou bréngen, wéi e wollt. An dat war gutt esou.

De Merci geet och un de Kolleeg François Bausch, dee sécherlech als Rapporteur keng

einfach Aarbecht hat, fir ee Rapport ze kréien, wou an deene leschten Deeg jo wierklech Wuert fir Wuert gestridde ginn ass, wéi et soll am Rapport festgehalde ginn, an de Mataar-bechter aus der Verwaltung, déi et guer net einfach haten, fir dat Ganzt dann och nach zesummenzekréien.

Dofir mengen ech, wat et wichteg, datt d'Kom-miss-ioun zesummekomm ass an datt mer do e Resultat kritt hunn. E Resultat iwwer e Sujet, wat keng einfach Missioun war. Ech mengen, mir hunn hei an der Enquêtékommis-sioun, déi an der Zäit eng gewëssen Dynamik entwéckelt huet, keen einfache Sujet gehat. Ech schwätzen do net eleng vum Geheimdén-scht, mä ech schwätzen och vun der Persoun vum Stats-min-ister Jean-Claude Juncker.

Et ass also och eng Diskussioun, déi um mënschleche Plang net esou einfach ze féieren ass an déi trotzdem awer d'Chamber, egal wou een hei an der Chamber sëtzt, an der Majoritéit oder an der Opposit-ioun, d'Chamber muss sech hirer Aufgab stellen, an d'Chamber huet sech och hirer Aufgab hei gestallt.

Virop eng generell Bemierkung iwwert de Geheimdén-scht. Och wann de SREL an deene leschte Méint vill an der Kritik stoung, esou muss een awer soen, datt de Gros vun dem Service korrekt verlaaf ass, an der Vergangenge-heet an och haut, an datt virun allem déi aktu-ell Direktioun, dat war eis Impressioun an der Kommissioun, eng gutt Aarbecht mécht.

D'Aarbechte vun der Kontrollkommissioun hunn awer och kloer gewisen, datt och Lëtze-buerg e Geheimdén-scht brauch. Eleng am Ka-der vun der Terrorismusbekämpfung gött et international géigesäitig Verfluchtungen, a Lëtzebuerg dierf do kee wäisse Fléck op der Welt-kaart sinn, wou net alles gemaach gött, fir den Terrorismus ze bekämpfen.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dofir soe mir als ADR ganz kloer, datt mer an Zukunft e Ge-heimdén-scht müssen hunn.

An, zweite Punkt, deen ass och schonn de Mëtteg hei ugeschnidde ginn, datt mer ëmmer méi feststellen, datt mer Wirtschaftsspionage hei zu Lëtzebuerg kréien. Wa mir keen eegene Geheimdén-scht hunn, dann hu mer e Fleck op der Kaart, wou verschidde Leit, Acteuren, eng Fräizon hunn. An dat géif zur Konsequenz féieren, datt aner Servicer vun anere Länner géife sech hei zu Lëtzebuerg implantéieren an dann eis Aarbecht maachen, ouni datt mer eng Kontroll, ouni datt mer en Afloss drop hätten.

D'ADR trëtt dofir kloer fir d'Bäibehale vum Ge-heimdén-scht an, och wann eng Rei vu Re-forme sech opdrängen, déi zum Beispill an der Proposition de loi, déi de Kolleeg Alex Bodry de Mëtteg hei am Numm vun der Kommissioun deponéiert huet, alleguerten zrëckbehale si ginn. D'parlamentaresch Kontroll muss on-bedéngt méi staark a konkret ginn. Doriwwer eraus müssen och d'Finanze méi transparent an d'Astellungspolitik vum Personal méi kloer defi-néiert ginn. Wat déi parlamentaresch Kontroll ubelaangt, mengen ech, fénnt een déi meeschte vun de Propositionen an der Propo-sition de loi vum Kolleeg Alex Bodry.

D'Aarbechte vun der Enquêtékommis-sioun, där hir Missiounen vun der Chamber kloer definéiert waren, hunn am Laf vun deene bal 50 Sitzun-gen eng Egedynamik entwéckelt. Séier huet sech erausgestallt, datt bäi Wäitem net alles esou am Geheimdén-scht gelaf ass, wéi ee sech dat hätt kënne wënschen. Lues a Lues koumen ëmmer méi Dysfunkt-iounementer un d'Dageslicht. A jiddweree an der Kom-mis-sioun huet sech gewonnert, wéi dat iwwer-haapt méiglech war, well de Geheimdén-scht jo ënnert der Responsabilitéit vum Stats-min-ister an der parlamentarescher Kontroll steet.

De Rapporteur a meng Virriedner hu sech schonn intensiv mat deenen eenzelnen Dys-funkt-iounementer befaasst, soudatt ech mech an deenen 20 Minuten, déi mer zur Verfügung stinn, méi op e puer eenzel Aspekter wëll kon-zentrieren.

D'Responsabilitéit vum Statsminister: D'Kom-miss-ioun kennt an hirem Rapport zur Kon-k-lusioun, datt dem Premierminister seng Res-ponsabilité politique engagéiert ass.

Wat bedeit dat? Am Kader vun der Debatt, déi mer virun e puer Wochen hei an der Chamber haten iwwert de Finanzminister, den Här Frieden, am Zesummenhang mat den Aussoe vum Här Bieber, huet den Här Statsminister schonn deklaréiert, hie géif déi politesch Res-ponsabilitéit an der Geheimdén-schtaff iwerhuelen. „Dat ass kloer an et kann och net anescht-sinn. Et kënnst soss keen a Fro.“, sot den Här Juncker deemools hei am Parlament.

D'Fro stellt sech awer: Wat ass mat politescher Responsabilitéit gemengt? De Kommissiouns-president huet zu engem gewëssen Zäit-punkt vun der objektiver an der subjektiver Res-ponsabilitéit geschwat.

Geet et duer, wann ee seet: „Ech huelen déi politesch Responsabilitéit an da fuere mer wei-der, wéi wann näischt geschitt wier?“ Oder ver-laangt eng politesch Responsabilitéit och per-séinlech politesch Konsequenzen? Muss ee Mi-nister perséinlech Konsequenzen zéien, wann a senger Verwaltung Dysfunkt-iounementer statt-fonnt hunn? Oder muss hien och selwer direkt mat Schold un den Dysfunkt-iounementer hunn, fir datt perséinlech politesch Konse-querenze mussen gezu ginn?

Mat där Fro wëll ech mech méi beschäftegen. De fréiere Gesondheetsminister Johnny Lahure huet zum Beispill perséinlech politesch Konse-querenze gezu fir Dysfunkt-iounementer, déi net hie begaangen hat, mä déi a sengem Ministère geschitt sinn. Am Ausland, zum Beispill an Däitschland, ass dat Normalitéit, datt e Minister perséinlech politesch Responsabilitéit iwwerhëlt fir dat, wat a sengem Ministère geschitt, an de-missionéiert an der Regel da relativ kuerzfris-teg.

Mä wat bedeit dat, wann de Statsminister hei an der Chamber, wéi dat virun dräi Wochen de Fall war, seet, hie wier politesch responsabel, an d'CSV awer an deene leschten Deeg ëmmer erëm deklaréiert huet, de Statsminister hätt keng Schold sech zoukomme gelooss a bräicht och dofir net ze demissionéieren?

Mä loosse mer emol kucken, ob déi Dysfon-t-iounementer, déi am a ronderëm de Geheim-dén-scht geschitt sinn, ob dat Dysfunkt-ioun-ementer sinn, déi exklusiv vum Geheimdén-scht geschitt sinn, ouni d'Wesse vum Stats-min-ister oder mam Wëssen oder souguer mam Matwierke vum Statsminister geschitt sinn. De Statsminister huet erkläert, hien hätt net déi néideg Zäit gehat, fir sech mam Geheim-dén-scht ze beschäftegen. „Dat ass net meng Haaptaktivitéit.“, sot en. Dat mag sinn, datt hien duerch aner Aktivitéiten net genuch Zäit hat, fir sech mam Geheimdén-scht esou ze beschäftegen, wéi dat hätt misse sinn. War dat awer esou? Oder war dat net esou?

Ech soe ganz kloer: Dat war net esou. De Stats-min-ister huet sech wuel intensiv mam Geheim-dén-scht beschäftegt a woussst och genau, wat do gelaf ass. Mä eleng d'Zouginn, hien hätt sech net genuch ëm de Geheimdén-scht bekëmmert, wier eleng Ursaach genuch fir po-litesch Konsequenzen. Ee Minister, deen zou-gëtt, datt e sech net genuch ëm seng Verwal-tung bekëmmert hätt, an dësem Fall souguer eng Verwaltung, eng ganz wichteg Verwaltung, net genuch beschäftegt a kontrolléiert hätt, deen huet versot. An dee misst eleng scho weinst esou enger eegener Deklaratioun demis-sionéieren. Eleng dat geet duer.

Mä war et dann esou, datt de Statsminister sech net genuch ëm de SREL bekëmmert huet? War dat net déi beschte vun de schlechtesten Entschëllegungen? Vill Leit reagéiere mënsch-lech a soen: „Jo, hien hat awer och vill Aar-becht, an et versteet een, datt e sech net och nach konnt ëm de Geheimdén-scht bekëmm-eren.“

No 50 Sitzunge vun der Enquêtékommis-sioun ass awer ganz kloer, datt d'Realitéit eng aner ass; datt de Statsminister sech ganz intensiv mam SREL beschäftegt huet, datt hien iwwer bal alles Bescheed woussst an zum Deel och be-deelegt war. Hie woussst praktesch alles, wat do gelaf ass, souwuel wat korrekt wéi onkorrekt gelaf ass. An de Statsminister huet virun der Kommissioun och kloer den 13. Januar gesot: „An dofir hunn ech ëmmer insistéiert drop, mat wiesselndem Erfolleg, relativ genau iwwert d'Operatiounen informéiert ze ginn, déi lafen. Dofir hunn ech agefouert, datt ech all Mount e Bericht kréien iwwert déi Operatiounen, déi la-fen.“ A weider: „Ech hunn elo déi lescht Joren de Generalsekretär vun der Regierung ge-bie-den, datt méi intensiv ze maachen. Deen huet elo e puermol an der Woch Kontakt mam Dé-n-gsch.“ De Generalsekretär vun der Regierung ass dem Statsminister seng Vertrauenspersoun, déi hien iwwer alles informéiert.

Opgrond vun Zeienaussoen si mer, doriwwer eraus, gewuer ginn, datt hie sécherlech iwwert déi meeschten Dysfunkt-iounementer an d'Bild gesat ginn ass. De Statsminister woussst also, wat do gelaf ass. An dofir kann d'Entschël-le-gung, hien hätt sech net genuch kënne mam Service beschäftegen, net ugehol ginn.

E weidere Feeler vum Statsminister ass, wéi d'Aarbechte vun der Enquêtékommis-sioun gewisen hunn, datt, wéi ech elo grad gesot hunn, de Statsminister praktesch iwwer alles Bescheed wosst, hien huet awer weder d'para-mentaresch Kontrollkommissioun doriwwer in-forméiert nach d'Enquêtékommis-sioun. Dat, wat d'Enquêtékommis-sioun erausfonnt huet, ass se aus der Press an duerch aner Zeie gewuer ginn. Net awer vum Statsminister, obschonn dee bal alles woussst. Och hei muss een dem Statsminister e Feeler virwerfen, well hien hätt misse souwuel d'Kontrollkommissioun wéi d'Enquêtékommis-sioun iwwer all déi Dysfonc-



tionnementer, déi him bekannt waren, informéieren.

Mä net nëmmen dës zwou Kommissiounen sinn net informéiert ginn, mä och de Parquet ass net iwwer stroferechtlech Dysfunktionnementer informéiert ginn, wéi dat déi gesetzlech Pflicht gewiescht wär. Et ass alles op déi bekannten „CSV-Manéier“ gemaach ginn: Et ass versicht ginn, et ënnert den Teppich ze kieren.

Esou zum Beispill de Fall vum fréieren Direkter Marco Mille. Deen huet jo bekanntlech e Gespréich tëschent dem Statsminister an him op enger Auer enregistréiert. Dësem Gespréich ass iwwregens en anert Gespréich virausgaangen. A wann dat Gespréich net esou verlaf a geendegt hätt, wéi et verlaf a geendegt huet, wier dat nächst Gespréich och net op enger Auer zustane komm (veuillez lire: op enger Auer opgehooll ginn).

Dëst Gespréich ass iwwregens den Ausgangspunkt vun där ganzer Affär. Mä wéi de Statsminister vun der Opnahm gewuer ginn ass, huet en net dat gemaach, wat am Fong normal gewiescht wär a wouzou hien och verflücht gewiescht wier, nämlech: Éischtens, de Parquet doriwwer ze informéieren, fir datt deen hätt kënne stroferechtlech enquêtere loosse. Zweetens, déi parlamentaresch Kontrollkommissioun hätt e missen direkt informéieren. An drëttens wier et normal gewiescht, datt en Disziplinarverfahre géint den Här Mille an d'Weeër geleet wier ginn.

Vun all deem ass awer näischt geschitt. Au contraire! Den Här Juncker huet den Här Mille Premier Conseiller de Gouvernement genannt an him e Congé sans solde accordéiert, fir kënnen am Ausland bei enger grousser Gesellschaft eng nei Beschäftigung ze kréien. Doduerch, datt den Här Juncker dës Informatioun esou laang fir sech gehalen huet an de Parquet eréischt elo mam Fall befaasst ginn ass, huet de Parquet misse feststellen, datt d'Frist, fir kënnen ze poursuivéieren, vun dräi Joer ofgelaf ass an elo iwwerhaupt net méi ka vum Parquet poursuivéiert ginn an d'Affär klasséiert huet misse ginn.

Och en Disziplinarverfahren als Fonctionnaire ass net méi méiglech. Den Här Mille huet also, Dank dem Här Juncker, d'Méiglechkeet elo, zu all Moment erëm an de Statsdéngrscht als Premier Conseiller de Gouvernement zrëckzekommen.

De Fall Schneider. Den Här Schneider spillt, niewent den Här Mille a Kemmer, eng Haaptroll an all deene festgestallten Dysfunktionnementer. 2008 ass praktesch, kann ee soen, am SREL dem Här Schneider seng nei Gesellschaft Sandstone gegrënnt ginn. Si krut e Kredit vun der SNCI vun enger Millioun. An d'GMH, eng sougenannten „dubiéis Gesellschaft“, wéi Zeien ausgesot hunn, ass mat dran als Aktionär geklommen. D'GMH, wou bekanntlech jo och bekannten CSV-Notabilitéiten an där enger oder an där anerer Fonctioun sinn. Dës Gesellschaft sollt fir de SREL an de Stat schaffen, wat awer duerch d'Entwécklung vun 2000 un net méi konnt geschéien.

De Fall Reuter. Iwwert de fréiere President vun der Cour des Comptes, vun der Chamber vu sengem Amt suspendéiert, gi mir vum Här Schneider gewuer, datt hie vum SREL eng Wunneng zur Verfügung gestallt kritt huet. Öffzielle Grond: Den Här Reuter hätt enorm finanziell Problemer, fir e sozial ze stabiliséieren, hätt en déi Wunneng zur Verfügung gestallt kritt.

Mä waren et wierklech déi finanziell Problemer vum Här Reuter, déi de SREL dozou beweegt hunn, dem Här Reuter eng Wunneng zur Verfügung ze stellen?

Et gëtt sécherlech vill Leit am Land, déi esou eng Hëllef bräichten, déi och finanziell schlecht dru sinn an eng Wunneng bräichten. Déi kréie jo warscheinlech net och vum SREL eng Wunneng zur Verfügung gestallt! Ech sinn iwwerzeegt, datt d'Grënn op engem aneren Niveau louchen. Esou zum Beispill huet een Zeien, den Här Schneider, den 12. Abrëll ausgesot iwwert den Här Reuter am Zesummenhang mat der Wunneng: „Dee Mann hat «Argumenter», fir gehollef ze kréien. An dat geet wäit an de Bommeeleër-Dossier. An ech mengen, dat ass eng...“ An dann hält en op mat schwätzen. „Net esou gutt Saach, fir hei...“, an dann hält en erëm op mat schwätzen.

Aner Zeie soen, den Här Reuter hätt hinnen Informatiounen ginn, eng Këscht voller Dokumenter, wou ech net wëll op den Inhalt heibannen drop agoen, an esou weider.

Dat a villen méi an déi Richtung schéngt mir d'Haaptursach ze sinn, firwat en hei zu Lëtzebuerg vum SREL eng Wunneng zur Verfügung gestallt kritt huet. Well de SREL awer gefaart huet, wann dat alles erauskëim, géif dat ee grouss Problem ginn, ass dofir no enger anerer Léisung gesicht ginn.

Zu deem Zäitpunkt seet de Statsminister, wier hien et gewuer ginn an hätt gesot, datt dat misst gestoppt ginn. Den Direkter Mille kontaktéiert dann den Här Schneider, deen zu deem Zäitpunkt schonn net méi beim Geheimdéngrscht war a seet zu deem: „Hei, kanns de mer e Gefale maachen? Kanns du, fir Distanz ze kréie vum Service de Renseignement, kanns du dat Appartement vum Här Reuter iwwerhuelen? Ech maachen dat mat dir an d'Rei, mä ech mengen, datt dat doten net gutt ass, fir dat nach méi laang weiderzemaachen.“ De Loyer ass du vum Här Schneider senger Firma Sandstone bezuelt ginn. D'Garantie bancaire leeft iwwregens haut nach ëmmer op de Stat.

Mer kréien awer och vun Zeie gesot, datt dat net nëmme gemaach gi wier, fir, wann et eng Kéier eraus géif kommen, datt dann net de SREL an d'Schosslinn géif geroden. Dem Här Schneider seng Gesellschaft Sandstone sollt am Géigenzuch Optrag vum SREL kréien, fir iwwert dee Wee d'Loyeren ze kompenséieren. Dat war den Accord Mille/Schneider.

Du koud d'Auerenaffär an den Här Mille ass gaangen, an deen neien Direkter wollt, zu Recht, näischt méi mat deem Handel ze dinn hunn. Vun Ufank 2009 u bis haut wunnt den Här Reuter nach ëmmer an där Wunneng. An den Här Schneider sot eis, hien hätt schonn dru geduecht, dem Statsminister eng Rechnung ze schécken, well de Statsminister hätt Bescheid gewosst.

Deen anere Fall vum Här...

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ass dat esou, wann deen dat seet?

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Här Juncker, Dir hutt de Mëtteg hei eng Ausso gemaach, dat war Äert gutt Recht. An ech zitéieren hei eng Ausso vum Här Mandé (veuillez lire: Här Schneider). Ech hu se net bewäert.

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Jo, jo.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech hunn Är net bewäert an déi hei net bewäert. Mä ech mengen, wann deen een eng Ausso ka maachen, kann och deen aneren eng Ausso maachen.

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ech och.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- De Fall vum Här Mandé. Den Här Mandé ass dee Polizist, deen iwwer laang Joren dem Statsminister säi Chauffeur war an deen de Statsminister, géint de Wëlle vum Geheimdéngrscht, awer an dësen - wéi soll ech soen? - transferéiert huet.

Et war ni esou richtig kloer, wat den Här Mandé sollt am Geheimdéngrscht maachen. Den Här Mandé sot den 8. März virun der Enquêtékommisioun, den Här Juncker hätt drop insistéiert, fir datt de SREL hie sollt huelen. Déi wollten awer net esou richtig. De Premier sot dann zum Här Mille: „Dann huel en awer dach nëmmen.“

An dat seet den Här Mandé weider: „Voilà, dat do kënnt Der lech elo leeën, wéi Der wëllt. Ech mengen, déi eng soen, e krut en octroyéiert, an déi aner soen, e krut en ënnergejubelt.“ Souwäit d'Zitat vum Här Mandé selwer.

Hie war den Informant vum Här Juncker am Spätzeldéngrscht, huet hie gesot, esou wier hien och am Spätzeldéngrscht genannt ginn. Wann dat gestëmmt huet, da war dat nach eng zousätzlech Informatiounsquell, déi de Statsminister iwwert d'Lafen an d'Geschehnisse am Geheimdéngrscht hat.

Zu engem gewëssen Zäitpunkt war den Här Mandé am Geheimdéngrscht, wéi hie selwer sot: „Jo, mä ech war du verbrannt. An et huet du missen eng nei Beschäftigung fir mech gesicht ginn.“ A weider seet den Här Mandé: „An dann hunn ech gefrot fir en Détachement op Bréissel, ob do näischt méiglech wier. Well meng Liewensabschnittspartnerin, déi leeft zu Bréissel mat engem Kand, wat mer zesummen hunn, an du sot ech: «Et wier besser. Hues de näischt zu Bréissel?»“

An dann ass den Här Mandé op Bréissel détachéiert ginn. Einfach esou. Ouni Aarbecht an ouni Büro. Den Här Mandé sot dozou: „Ma, ech sinn net rosen. Ech hu kee Büro, an dat stéiert mech net, da gëss de och net vermësst: Wou bass de? Wou ass en? Ass e schonn erëm fort? Kënnt en nach net?, an esou virun.“

Mir hunn den 12. Abrëll den Här Schneider gefrot, ob hie géif wëssen, wat den Här Mandé zu Bréissel géif maachen. An deen huet gesot: „Ech mengen, hie mécht näischt. Souwäit ech weess, mécht e guer näischt. Ech mengen, hien huet emol kee Büro. Hien ass véier Deeg an der Woch hei. An da geet hien zwee Deeg op Bréissel an da passt en do op säi Kand op. Hie mécht, souwäit ech weess, huet hien zwar e Posten, mä hien huet keng Aktivitéit.“

Den Här Juncker, do setzt Dir Ären eegene Spioun an de Geheimdéngrscht, a wann en

dann do verbrannt ass, da gëtt en op Bréissel, ouni Aarbecht an ouni Büro, mat vollem Gehalt ënleiert.

Just dës puer Beispiller, fir ze beweisen, wéi den Här Juncker d'Problemer léist: Fir all Dysfunktionnementer keng stroferechtlech Poursuiten, keng Disziplinarverfahren, keng Informatiounen un d'parlamentaresch Kontrollkommissioun, keng Informatioun un d'Enquêtékommisioun.

Neen, dem Här Juncker seng Äntwert op all Dysfunktionnementer ass eng aner. Deen ee gëtt Premier Conseiller de Gouvernement...

► **M. le Président**.- Här Gibéryen, Dir musst lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...a kritt Congé sans solde. Jo. Deen anere kritt praktesch am SREL eng nei Gesellschaft gebaut, deen anere gëtt an den Ekonomiesministère geholl, deen anere kritt vum Stat eng Wunneng zur Verfügung gestallt an deen anere gëtt op Bréissel bei d'Frëndin geschéckt. Esou ginn d'Dysfunktionnementer vum Statsminister hei zu Lëtzebuerg geregelt!

Den Här Statsminister huet de Mëtteg gesot, mir missten oppassen, wa mer ee Minister géife responsabel maache fir all Dysfunktionnementer, déi an engem Ministère geschéien, da géifen d'Ministère schéinen Zäiten entgéintgoen.

Ech mengen, net all Dysfunktionnementer, mä déi Dysfunktionnementer, déi hei am SREL geschitt sinn, dat si keng Bagatellen. Dat si schwéier Dysfunktionnementer. A wat elo geschitt ass, datt de Minister keng Moossname géint e Fonctionnaire geholl huet, dat ass méi schlëmm wéi dat anert, wat den Här Statsminister virdrun ugekënnegt huet. An dofir stëmmt d'ADR där Motioun selbstverständlech zou.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Gibéryen. Den nächsten agedroene Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*Onofhängeg*).- Merci, Här President. Déi onofhängeg Deputéierte waren net Member vun der Commission d'enquête. Mir haten dat gefrot, mä dat ass ons net accordéiert ginn.

Par contre hu mer awer och misse feststellen, datt vun deenen 13 Membere vun der Commission d'enquête, acht Memberen iergendwann an der Commission de contrôle vum Service de Renseignement waren. Dat heescht, do ass ee Juge et partie. Et ass jo verständlech, notamment, wann ee Rapporteur ass a vun 2004 un an där Commission de contrôle sëtzt, datt ee sech e Blankoscheck ausschreift, ier et lassgeet. Dat schéngt mer ganz evident ze sinn, well ee soss net anescht ka weiderfueren. An et ass verständlech, datt deen Ablack och iwwer verschidde Missiounen, déi d'Commission de contrôle huet, datt doriwwer net därer geschwat ginn.

Ech erënneren drun, datt an allen Dokumenter, déi mer virleien hunn, d'Commission de contrôle parlementaire bien entendu Informatiounen ka kréien iwwer „Opérations et situations spécifiques et d'entendre les agents du SREL“. Da kënne Constaten operéiert ginn, Kontrolle gemaach gi vun den Écouter, all sechs Méint muss do e Rapport gemaach ginn, a si kann och verschidden Dossiere kontrolléiere loosse duerch Experten. Bref, si kann och, wann et muss sinn, op hir eegen Initiativ dem Minister, dem Statsminister verschidde Froe stellen an Aktivitéite renseignéiert kréien iwwert de Service de Renseignement.

Eng aner Dispositioun, déi drasteet, dat ass, datt, wat d'Kontabilitéit ueget, do ass et esou, datt de Contrôle interne natierlech besteet an och de Contrôle vun der Cour des comptes. An d'Commission de contrôle parlementaire kuckt och iwwert d'Konten no. A wat mer gesinn hunn, dat ass, datt d'Commission de contrôle all Kéiers hiren Accord zu de Konte ginn huet an datt se och informéiert gouf iwwert den Dossier Cargolux. An dem Rapport vun der Commission d'enquête steet - Zitat: «La commission de contrôle n'a pas agi de façon proactive comme elle en avait la possibilité.»

Dat ass ëmmer richtig gesot. Dat heescht, datt d'Commission d'enquête selwer feststellt, datt d'Commission de contrôle eng ganz passiv Attitud an deene ganze Saachen hat, an dat haaptsächlech an där Zäit, wou d'Aktivitéiten an der Diskussioun waren, dat heescht zwëschen 2004 an 2009. Do waren am Ganze 37 Sitzungen, wou nimmols ee vun de Problemer vun den Dysfunktionnementer beschwat ginn ass, well soss hätt jo bal eppes missen an engem vun de Rapporten, déi deen Ablack hei der Chamber zougedeele ginn, gesot ginn.

Wat déi Dysfunktionnementer ueget, do muss ee festhalen, datt déi sech konzentréieren op déi Period zwëschen 2004 an 2009 ënnert der

viregter Regierung, an och ënnert der Direktioun, wéi den Här Mille Direkter war. Vun do u gëtt et keng Affär méi, déi hei an der Diskussioun stoung. Dat muss een och esou festhalen.

Hei gëtt oft an dem Rapport geschwat: „sera transmis au parquet“. Mä all Kéiers, wann ech dann nogefrot hunn an nogekuckt hunn: Wou ass dann de Fait pénal? Well wann een eng Dénonciation pénale mécht, da seet d'Jurisprudence ganz kloer, et muss prezis gesot ginn, wat fir e Fait pénal a wat fir een Artikel vum Code pénal do violéiert ginn ass, well soss mécht een eng Dénonciation calomnieuse. An dat kann et dach net sinn, datt een esou eppes mécht a sech einfach baséiert: „Ech hu jo kee Problem, ech hunn d'Immunité parlementaire, ech kann esou eppes maachen.“ An dat ass dat, wat relativ batter ass, wann dat higesat gëtt, ouni datt iergendwéi eng Undeutung kënnt oder eng Pièce bâgeluecht gëtt, wou dann dee Fait pénal wier. An ech kommen duerno och nach op e puer Saachen zrëck.

An der Affär Mille, do muss een éierlech soen, datt een d'Impressioun huet, datt déi ganz Zäit, wou den Här Mille Direkter war am SREL, datt do jiddwereen ongeféier gemaach huet, wat e gewollt huet, keng Kontroll war. Bref, datt ganz vill do gewurschtelt ginn ass. An et ass och do-robberhin, wou sech munches hei an der Diskussioun erginn huet. An dat, wat e gemaach huet mat där Auer, mat där Écoute illégale, wann dat natierlech an d'Öffentlechkeet komm wier op engem Tribunal correctionnel oder um Tribunal administratif, dann hätte mer déiselwecht Debatt gehat deen Ablack wéi elo. Dofir muss ee sech ëmmer bedenken, datt, wann ee Prozesser ufänkt, datt dat natierlech och zu ganz villen Debatte ka féieren.

Do, wou ech méi kritesch sinn, dat ass an der Affär Schneider/Sandstone. An dem Rapport vun der Kommissioun gëtt eppes gesot, mat deem ech net kann, mat deem mer net kënnen d'accord sinn, dat ass, datt an Zukunft Leit, déi am öffentleche Secteur sinn, net méi dierfen an de private Secteur goe während dräi Joer, et sief dann, datt d'Regierung se dozou autoriséiert.

(*Interruption*)

Also, ech hunn hei gelies,...

► **Une voix**.- Neen!

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*Onofhängeg*).- ...esou wéi et hei..

► **M. François Bausch** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Am Sécherheetsberäich. Am Sécherheetsberäich!

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*Onofhängeg*).- Neen, neen, Dir hutt hei... Also, elo kann et vläicht sinn, datt et am Sécherheetsberäich ass,...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Et steet esou do.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*Onofhängeg*).- ...mä ech wëll just nuren... Neen, neen, ech kann, ech hunn den Text gutt gelies. Dir hutt proposéiert,...

(*Interruptions*)

Neen, neen, Dir hutt... Ech soen lech direkt, wou d'Differenz läit, well Dir hutt gesot, dräi Joer am Secteur...

(*Interruption*)

...fir den normalen... a fir de Secteur vun dem SREL fënnef Joer.

(*Interruption*)

Do ass also eng Differenz gemaach ginn. An dofir ass dann du gesot ginn, dat wier...Ech liesen dat, wat am Rapport steet.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Et steet net do.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*Onofhängeg*).- Elo ass dee vläicht séier, rubbel-zuck geschriwwen ginn.

► **Plusieurs voix**.- Ooohhh!

(*Interruptions diverses*)

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*Onofhängeg*).- Dat ka sinn. Mä et ass awer eng Saach, déi ee muss festhalen, datt mir op jidde Fall mat där net kënnen d'accord sinn an datt mer och héchstwahrscheinlech...

► **Une voix**.- Oh mei!

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*Onofhängeg*).- ...dat eenzegt Land, mat Ausnahm vu Frankräich, wieren, wou et esou eppes géif ginn. Mä a Frankräich gëtt et deen Délai vun dräi Joer,...

(*Interruption*)



...deen awer an der Praxis net respektéiert gëtt.

Da muss een och festhalen, wat déi Gesellschaft Sandstone ugeet, déi huet e Kapital vun 250.000 Euro. A si krut also e Prêt zougestanen, deen dat Véierfacht ausmécht vun hirem Kapital. An dat ass net en einfache Prêt, dat ass e Prêt participatif. Dat heescht, wou de Stat sech d'accord erkläert, fir gegebenfalls bis eng Millioun Aktien an der Gesellschaft ze kafen. An doduerjer hat déi Gesellschaft och e Capital autoriséé.

Dat, wat een och muss festhalen, dat ass, dass am Juni 2008 an enger Réunion zesumme mam Här Krecké, dem deemolege Minister vun der Economie, dass do hien, de Minister vun der Economie, den Accord ginn huet a säi Soutien erkläert huet fir déi Grënnung vun der Gesellschaft. Dat muss een och festhalen. An dat geet jo och aus den Témoignagen ervir, déi hei gemaach gi sinn.

Da muss een och soen, dass tëschent dem Här Schneider an dem éischte Conseiller de Gouvernement, dem Här Knebler, ganz vill Diskussiounen a Rivalitéite waren. An et ass verständlech, wann op eng Kiéier am Ministère de l'Économie verschidden Interventiounen gemaach ginn a Prospektionsreese preparéiert ginn, an op där anerer Säit och nach um Niveau vum SREL, dass deen Ablack zwëschen deenen zwee Leit, dat heescht dem Här Knebler an dem Här Schneider, munch Diskussiounen wäerten zustane kommen.

Da gëtt an der Affär vun der Cargolux geschwat och, dass den Dossier misst un de Parquet transmettéiert ginn. Ech froen hei de Rapporteur: Wat ass d'Faute pénale?

► **M. François Bausch** (déi gréng), rapporteur.- D'Kommissioun!

► **M. Jacques-Yves Henckes** (Onofhängeg).- Neen, ech soe just nuren, hei steet...

► **M. François Bausch** (déi gréng), rapporteur.- Frot net mech...

► **M. Jacques-Yves Henckes** (Onofhängeg).- «Le rapport doit être transmis au parquet.»

► **M. François Bausch** (déi gréng), rapporteur.- Jo.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (Onofhängeg).- Wann also esou eppes transmettéiert gëtt, da muss ee soen, wat fir eng Faute pénale ass gemaach ginn.

Ech hu keng fonnt am Rapport. Dofir wëilt ech gäre vum Här Rapporteur, dass en ons dat vläicht seet, well da wier dat e bësselche méi kloer. Ech hunn op jidde Fall an all deem, wat do drasteet, keng eenzeg Faute pénale gesinn!

Dat heescht, wann esou eppes gemaach gëtt, ass dat dote manifestement eng Plainte pénale wäert. An ech géif mech net wonneren, wann an deenen nächsten Deeg esou eng géif beim Parquet alafen.

Déi aner Saach, desgläiche gëtt och vun enger Faute disciplinaire geschwat. Och do freet ee sech: Wou läit d'Faute disciplinaire? Well hei Avisen erauskomm sinn, déi absolut just nuren eng Problematik opgeworf hunn, ouni Suggestiounen ze maachen.

Eng aner Saach, déi mer och opgefall ass, dat ass, hei gëtt geschwat am Rapport vun Allocation de primes et indemnités, do wier et eng Schwéngerei, dass do speziell Indemnitéite géife ausbezuelt ginn. Dat géif net am Gesetz stoen.

Ech hunn dann do mir erlaabt, fir den Artikel 13 Alinéa 2 vum Gesetz iwwert de Service de Renseignement ze liesen, an do steet dran: Indemnité spéciale. Si ka bezuelt ginn. Si muss deen Ablack just duerch Décision ministérielle soumis pour avis à la commission anti-cumul et ensuite au Conseil de Gouvernement. An de Conseil de Gouvernement huet déi guttgeheescht, wann een dem Rapport vun der Cour des comptes kann ngoen.

Dann an der Affär Reuter, do ass e ganz interessante Brëf vum Här Schneider un de President vun der Chamber. An do geet ganz kloer draus ervir, dass de Justizminister 2006 den Här Mille opgefuerdert huet, d'Resultat vun der Enquête un d'Police judiciaire an un de Parquet weiderzeginn, well et hei gaangen ass ëm eng Affär vu Crime organisé an am Ganzen 148 Milliounen US-Dollar. Do ass also och eng Condamnatioun viru Gericht komm. An et ass evident, dass den Här Reuter, deen hei mat implizéiert war, deen do huet missen hëllefen, dass deen deen Ablack huet missen iwwert de Wee vun engem Logement, souguer mat Miwwelen, gehollef kréien.

Dat sinn déi Donnéeën, déi sti schwaarz op wäiss, déi sinn och um Gericht debattéiert ginn. Do sinn och Condamnatiounen komm. Ech wëll just nure soen, dass, wann een esou Saachen an de Rapport setzt, da muss ee sech awer och d'Fro stellen: Wou leien d'Explikatiounen? Wou muss een higoen? An hei leien Explikatiounen ganz kloer vir an déi sinn och um Gericht behandelt ginn.

Da gëtt och gesot, dass mer ganz oft sollten Dénonciatiounen maachen un de Parquet. Ech wëll drop hiweisen, dass mer d'Gesetz geännert hunn, well mer op eng Kiéier erausfonnt hunn an der Chamber, dass, wa bis 2011 een eng Dénonciatioun gemaach huet weinst enger Activité illégale vun engem Fonctionnaire, dass en dann huet missen direkt soen, wat fir eng Infraction et war an d'Beweiser dozou bréngen. Dat huet dann dozou gefouert, dass d'Gesetz huet misse geännert ginn. An dat hu mer eestëmmegeg uegholl, dass (veuillez lire: well) et soss net effikass war.

Ech wëll och drun erënneren, dass d'OECD an hirem Rapport gesot huet, dass dat doten onbedéngt misst geännert ginn, well et an der Praxis - Zitat: «Dans la pratique, la communication d'informations au parquet est quasi inexistante selon le parquet (...)» Non sanctionné pénalement par les textes, le non-respect de cette obligation n'a en outre, jusqu'à présent, jamais été sanctionné disciplinairement.» Dat heescht, dass ass alles eng Situatioun gewiescht bis 2011, bis mer d'Gesetz ëmgeännert hunn.

Dann d'Affär vun de fënnf Autoen. Ech hu mer erlaabt, do e bësselchen ze kucken, wat d'Cour des comptes gesot huet an och wat herno approuvéiert ginn ass vun der Commission de contrôle. Do si fënnf Autoe kauft ginn, mat engem Rabatt vu 15%. An déi si verkaf ginn un déi Leit, mä do ass e Boni vun 10% erausgesprongen. An dee Boni ass an d'Konte vun dem SREL erakomm an als Recette supplémentaire gebucht ginn an iwwerall approuvéiert ginn, souwuel vun der Cour des comptes wéi herno och vun der Commission de contrôle.

Elo kann ee soen, dass dat vläicht net ganz elegant ass oder dass dat sech net gehéiert. Mä ech froe mech just: Wou ass de Fait pénal? Do gesinn ech kee Fait pénal dran. A vu dass d'Commission de contrôle dat och guttgeheescht huet, huelen ech jo awer bal un, dass et misst an der Rei sinn.

Dann, wat d'Écoutes illégales ugeet, do ass effektiv, dass ass jo och gutt esou, dass do eng Enquête judiciaire um lafen ass. Mä wann ech awer richtig informéiert sinn, ass déi Enquête judiciaire eriwuer. An déi Enquête judiciaire huet erbruecht, dass kee Fait pénal gemaach ass. Wat ech just bedauern, dass ass, dass dee Rapport vun der Police judiciaire nach bis elo net an der Chamber konnt hannerluecht ginn. Dat ass eppes, wou ee muss hei bedauern, dass dat heiansdo net ëmmer esou ganz séier geet.

Eng Saach, déi ganz vill Inconnuë fir mech bréngt, dass ass, wéi et erauskomm ass, déi Affär mat der Pädophilie vun dem Procureur d'État. Do muss ech éierlech soen, wann ech Procureur d'État wier, hätt ech eng Plainte gemaach beim Parquet weinst Violatioun vum Artikel 16 vum Code, vun dem Gesetz iwwert de Secret, iwwert de Service de Renseignement. An do sti bis fënnf Joer Prisong drop! Well esou eppes ass eng Schwéngerei, wann dat esou dénoncéiert gëtt an esou Saache spontan erauskommen.

Ech bedauere just, dass do an där Geschicht den Här Procureur d'État an deem Sënn, bis elo anscheinend, nach keng Plainte gemaach huet. Mä anscheinend sinn aner Leit, déi esou eng gemaach hunn.

Dann, wat d'Konklusiounen ugeet, ech mengen, do muss ee soen, dass d'Commission d'enquête vun dem SREL, dass déi ganz gutt Aarbecht gemaach huet. Do sinn exzellent Propositionen dran. E gudden Deel iwwerhuelen d'ailleurs déi Propositionen, déi a Frankräich gemaach gi sinn, wat d'Reform vun hirem Geheimdénkscht ugeet an déi de 15. Mee dëst Joer bekannt gemaach gi sinn. An dat schéngt ons och dee richtege Wee ze sinn, mat dem Organe interne d'audit, dass een d'Ministeren, dass de Statsminister kann eng Persoun delegéieren, dass d'Nominatioun vun engem Direkter vum SREL muss och vun der Commission de contrôle parlementaire gekuckt ginn.

Do, wou mer mat de Konklusiounen net kënnen d'accord sinn, dass ass mat deem, wat do steet ënner «Mise en place d'un code de déontologie». De Prinzip vum Code de déontologie ass absolut richtig, wann esou eppes geholl gëtt, well dat fanne mer an zeg internationalen Organismen, wou ähnlech Debatte sinn, dass do e Code de déontologie besteet an dass deen Ablack och Sanctions disciplinaires geholl ginn.

Dat, wat ech skandaléis fannen an inakzeptabel, dass ass, dass een dat soll elo mat Sanctions pénales verbannen. Mir wieren dat eenzeg Land an Europa, wat esou Sanctions pénales géint esou eppes géif virgesinn.

An da geet et souguer nach méi wäit! Am Rapport steet dran, da misst souguer den Abus de pouvoir vum Fonctionnaire sanctionnéiert ginn. Ech hunn nogekuckt a wat fir engem Land et esou eppes gëtt, den Abus de pouvoir vum Fonctionnaire. An ech hunn ee Land fonnt. An ech huelen un, dass den Här Rapporteur sech do inspiréiert huet: Et ass d'Volleksrepublik...

(**Interruption**)

Dat ass d'Volleksrepublik China.

► **Une voix.**- Oh mei!

(**Hilarité**)

► **M. Jacques-Yves Henckes** (Onofhängeg).- Déi huet effektiv 7.000 bis 8.000 Leit, wou de Pouvoir politique se sanctionnéiert, wa se en Excès de pouvoir gemaach hunn. Dat ass just e Wuert.

Ech sinn d'accord, Här Rapporteur, Dir hat...

► **M. François Bausch** (déi gréng), rapporteur.- Et ass net nëmme vu mir an deem Rapport, Här Henckes...

► **M. Jacques-Yves Henckes** (Onofhängeg).- Ech weess, mä ech huelen awer un, vu dass Dir lech ganz staark derfir gemaach hutt op e puer Plazen an der Öffentlechkeet, dass Der lech do vläicht inspiréiert hutt.

► **M. François Bausch** (déi gréng), rapporteur.- U China. Jo.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (Onofhängeg).- Voilà, mä dofir wollt ech dat just nëmme ervirsträichen, ze kucken, wou Der wëllt Lëtzebuerg hiféieren, wat déi stroferechtlech Bestëmmungen ugeet.

(**Interruption**)

Wat déi aner Konklusiounen ugeet, wéi gesot, do si mer ganz d'accord. An ech mengen, den Här Bodry huet hei als President vun der Kommission jo och e puer gutt Saachen, e puer Saachen explizéiert, wou ech him wollt félicitéieren, dass en do esou eng gutt Aarbecht gemaach huet. Mä deen ee Punkt, mat deem mer net kënnen d'accord sinn, dass ass dee vum Code de déontologie.

Ech mengen och, dass iwwert d'„Intelligence économique“, wéi dat genannt gëtt, do misste mer hei an der Chamber eng Debatt hunn. A Frankräich ass et esou, dass déi elo en Département ministériel gemaach hunn, deen nuren dat mécht. Do gëtt et also e ganze Ministère, deen indépendamment weider näischt mécht wéi Intelligence économique an och kuckt, dass d'Gefore géint verschidden Entreprisë kënnen ofgewiert ginn.

Wat d'Responsabilitéit ugeet, iwwert déi elo hei vill diskutéiert ginn ass, esou muss ech soen, dass een effektiv e puer Saache ka festhalen, net au niveau pénal, do gëtt et guer näischt festzehalen. Do ass et Blankoscheck, do ass guer näischt do. Wat verschidden administrativ Fäiten ugeet, déi leien zwëschen 2004 an 2009. An do muss ech soen, dass déi Commission de contrôle, déi war net proaktiv. Den Här Statsminister war och net proaktiv. Bref, et ass Speck a Schwéngfleesch. An ech mengen, wat fir deen een da gëllt, misst dann och fir deen anere gëllen.

Dat gesot, wëll ech och soen, dass de Jean Colombera an ech, mir wäerten net déi Motioun hei stëmmen, weder dofir nach dogéint stëmmen. Mir wäerten aus Protest de Sall verlossen, well mer et inakzeptabel fannen...

(**Interruptions**)

...dass mer haut an enger Debatt wéi där heiten, déi Saach diskutéieren...

(**Interruptions**)

...dass hei an dem Rapport, och nach an där Motioun drasteet, dass ee muss mat alle Recommandatiounen vun der Commission de contrôle d'accord sinn. Mir kënnen awer mat verschiddene Saachen net d'accord sinn. Mir konnten ons Iddien, ons Suggestiounen an ons Remarques net an der zoustänneger Kommissioun matbréngen (veuillez lire: abréngen). An hei ass... Och, wann et elo hei zu Neiwahle kënnt, da wësse mer alleguerten, dass déi ganz Lëtzeburger Bevëlkerung sech wierklech drop freet, fir elo eng schéin Debatt ze kréien, matzen an der Wahlcampagne, iwwert d'Bommeleeër an de SREL, wat déi wierklech Problemer vum Land sinn.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Henckes. An dann ass nach den Här Urbany agedroen. Här Urbany, Dir kritt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss vun där Debatt hei wëll ech nach eng Kiéier de Standpunkt erkläre vu menger Organisation, déi Lénk, an dat ass een, deen e bëssen anescht ass wéi déi, déi virdrun hei erkläert gi sinn.

Dir wësst, dass déi Lénk traditionell a prinzipiell ass fir d'Ofschaffung vun deem Geheimdénkscht, deen zu deenen Excèsen, eiser Meinung no, logescherweis féiert, duerch säin interne Funktionement hier féiert, déi mer hei diskutéieren.

Dat ass eng Haltung, déi kënnt aus geschichtlechen Erfahrungen hier. Ech muss soen, och aner Parteien, an der Zäit, hunn déiselwecht geschichtlech Erfahrung gehat. Mir hate grouss Diskussiounen, den Här Bodry huet et gesot, an der LSAP. De Robert Krieps war e Verfechter dovunner, fir de Geheimdénkscht opzelen, an d'Police mat wierkleche kriminellen Aktivitéite just ze befaassen. Mir hatten eng Proposition de loi vun deene Gréngen, am Ufank vun hirem Geschicht, wou se och datselwecht fuerdere wéi ech haut an enger Motioun, déi ech eragerecht hunn, iwwert déi mer dann nach diskutéieren, wou ech froen, dass e Projet de loi soll ausgeschafft ginn iwwert d'Abolitioun vum Service de Renseignement.

Déi historesch Fichieren, déi mer konnte gesinn a wou hei Extraiten draus zitéiert gi sinn, déi beweisen, dass déi Befierchtungen, déi ëmmer op der Gauche an iwwert d'Gauche eraus a breede gesellschaftleche Kreesser bestanen hu géint d'Funktionement vun Geheimdénkscht, dass déi Befierchtunge berechtigt waren.

Haut wësse mer et. Haut gesi mer et. Haut liese mer d'Nimm vun den Organisatiounen. An dat waren net nëmmen Organisatiounen, déi op där enger oder anerer Säit am Kale Krich stoungen, mä dat waren och ganz vill aner Organisatiounen, bis a kathoulesch Organisatiounen eran. A wann hei gesot gëtt: „Oh, am Ufank waren et der 300.000, elo sinn et der nach 10.000.“, da kann ee sech och emol d'Fro stellen, wéi vill dass der vläicht verschwonne sinn an der Zwëschenzäit. Well mer hu se jo och net all fonnt am Archiv!

Dann ass dat wierklech net d'Fro, déi sech hei stellt. D'Fro, déi sech hei stellt, dass ass, dass Dausende vu Leit zu Lëtzebuerg, iwwer Jorzéngten ewech, belästegt gi sinn an hirem politeschen a gesellschaftlechen Engagement, dat se haten.

An et muss ee sech wierklech d'Fro stellen: Ass déi Situatioun net och nach haut ginn?

Dat, wat mer gesinn hunn als Enquêtékommissioun, während deene sechs Méint, wou mer geschafft hunn, huet am Fong geholl e Schlaglicht an en donkelt Dëppe gehait. Mir konnten eng Kiéier mat enger Täscheluucht erakucken. An ech muss soen, dat, wat ech do gesinn hunn, dat berouegt mech net.

D'Basis vum Geheimdénkscht, vum SREL, ass net de Code pénal. Dat muss ee ganz kloer soen. Ech liesen d'Instructions de service vum Geheimdénkscht. Do steet dran, dass et dem Geheimdénkscht drëm geet, déi politesch an ekonomesch Prioritéiten, déi vun der Regierung festgeluecht ginn, ze verfolge. Et sinn also politesch an ekonomesch Prioritéiten, déi am Geheimdénkscht eng Roll spillen. Net iergendwelch Geforen, déi eventuell, accessoirement, kënnen och derbäi entdeckt ginn. Neen, de Problem ass deen, dass dat en Dénkscht ass, deen en Instrument, e politescht Instrument ass vun der Regierung.

Et gëtt vill vun Islamismus geschwat, vun der Gefor vun Islamismus. Ech géif soen, de Geheimdénkscht ënnersicht net den Islamismus, wat seng konkret Gefor zu Lëtzebuerg ugeet. Weinstens net prioritär. Et geet ëm e generelle Verdacht. Et geet ëm international Informatiounen, déi ee kritt, et geet ëm Lëschten, déi een huet. Ech kommen nach op Beispiller herno.

Fir et kloerzemaachen, vun Ufank un, a keng falsch Debatt zouzeloossen: Mir vun déi Lénk si selbstverständlech der Meinung, dass een déi wierklech Gefore fir d'Liewe vun de Leit soll ofwieren, och an engem fréie Stadium soll ofwieren, wann et noutwendeg ass mat polizeileche Mëttel. An déi Mëttel bestinn. An et ass méiglech, dass ze maachen, och haut schon, och haut schon opgrond vun där Législatioun, déi mer hunn.

Wat mer awer net wëllen, dass ass eng „Gesinnungsschnüffelei“, wéi dat ee vun eisen Experte virun der Enquêtékommissioun, den däitsche Rolf Gössner, genannt huet, dee selwer perséinlech och Affer war vun dauernden, permanente Verfolgung vum Geheimdénkscht, vum Verfassungsschutz an Däitschland.

An ech mengen, do kënnt et ganz vill drop un, wann ee vu Gesinnungsschnüffelei schwätzt, fir déi auszuschleissen, da mengen ech, da geet et mer net duer, wann e Minister sech dohinner



stellt a seet: „Ënner mir kënnst dat net vir, ënner mir gëtt et keng politesch Spionage.“ Mä ech mengen, da wëll ech wëssen: No wat fir gesetzelche Virgaben an no wat fir operative Konzepter schafft esou ee Geheimdängscht?

A wann ech dann esou Formulierunge liesen - mir hunn en decken Dossier kritt vum Här Heck, wou dat alles dran eis erkläert gëtt -, a wann ech dora liesen, dass do esou Konzepter dra sinn, wéi dass ee sech beweegt op engem politeschen, ideologeschen, konfessionellen oder philosopheschen Terrain, an dat ass erausgeholl aus dem belsche Gesetz iwwert den Extremismus, a wann ech gesot kréien, dat ass de Cadre légal vun eiser Definitiou vum Extremismus - Extremismus, deem iwwregens net virgesinn ass am Gesetz, et geet do vun Terrorismus Rieds, net vun Extremismus oder Radikalismus -, wann ech dat da gesot kréien, stellen ech mer awer eng ganz Partie vu Froen. Wat ass do? Wat gëtt do wierklech ënnersicht? Gëtt do net einfach ënnersicht, wien ass veranlaagt, emol iergendwann eng Kéier sech an engem gewëssene Kontext an eng gewësse Richtung ze entwëckelen, wou en emol kéint an d'Geforgeroden, an terroristesch Aktivitéiten eranzeigeroden?

Dat ass awer ongeféier déi Aart a Weis, wéi de Geheimdängscht virgeet, muss ee soen. De Premierminister huet geschwat vu Virtualitéit a Probabilitéit als Geschäftsweis vum Geheimdängscht. Virtualitéit a Probabilitéit, dat ass do, wou gesicht gëtt. Do gëtt net gesicht wéi eng Police sicht, déi sicht net no méigleche potenziellen Täter, neen, déi sicht no Virtualitéit a Probabilitéit. Do spillen och esou Begrëffer wéi „Radikalismus“ eng Roll.

Mir hu gesot kritt, dat wier eng operativ Kategorie vum Geheimdängscht. An de Radikalismus, laut där Definitiou, déi intern am Geheimdängscht gëllt, besteet doranner, wann ee seng moderat an allgemeng gedeelten Usiichten duerch extrem Usiichten ersetzt. Dat wier déi Formulierung, hu mer gesot kritt, déi och soll an de Commentaire des articles vum Gesetz drakommen an déi elo schonn am Geheimdängscht als intern Definitiou vum deem betruecht gëtt, wat Radikalismus ass.

Also Extremismus, Radikalismus, dat sinn also Begrëffer, no deene gëtt geschafft. Dat si Begrëffer, menger Meenung no, déi äusserst bedenklech sinn. A si sinn ëmsou méi bedenklech, well mer gewëssen Unhaltspunkte kritt hunn, wéi an der Praxis geschafft gëtt.

An ech wëll e schrecklech Beispill nennen, dat ass dat Beispill vum Här Taoufik. Den Här Taoufik ass 2003/2004 ausgewise ginn an Tunesien. En hat och déi bosnesch Nationalitéit an en ass ausgewise ginn opgrond vun Informatiounen vun auslänneschen Dängschter. Dat si mer och gewuer ginn an der Enquêtekommissioun, dass do bal ausschliesslech opgrond vun esou Informatiounen, déi auslännesch Dängschter geliwwert hunn, den Här Taoufik ausgeliiwert ginn ass an Tunesien, wou dee Moment den Diktator, dee mer kennen, deem elo net méi do ass, do um Wierk war.

Den Här Juncker huet deemools gesot: „Sidd frou, dass en net méi am Land ass! Fra a Kanner si mat ausgewise ginn. Et soll kee soen, mir géife Familljen auserneerappen.“ Dat ass en Zitat, wat ech aus enger kierzlecher Publikatioun vum „Forum“ erausgeholl hunn. Den Här Taoufik ass an Tunesien schrecklech gefoltert ginn. Den Här Heck seet haut, Direkter vum Geheimdängscht, no zéng Joer Erfahrung op dem Gebitt vum Antiterrorismus géif e gewëssen Aschätzungen, wat d'Persoun vum Här Taoufik ugeet, haut méi nuancéiert formuléieren.

Et muss ee sech virstellen, do handelt et sech ëm e Mann, deem do gefoltert ginn ass, deem iwwregens net en islamischen Terrorist war, mä e Mitglied deemools war, ënnert dem Ben Ali, an enger Organisatioun, an enger islamescher Organisatioun, déi haut an der Regierung

ass an Tunesien. Opgrond vu Verdächtigungen, déi mat den Hoer erbäigezu waren, gréissendeels, ass dee Mann ausgewise ginn. An ech fannen, wann ee vun Dysfonctionnement vum engem Service schwätzt, da géif ech soen, dat hei gehéiert un déi éischt Plaz vun den Dysfonctionnementen.

Mir hunn, zum Schluss vun eisen Aarbechten, eng Lëscht mat Organisatiounen kritt, déi gefouert ginn am elektronischen Archiv vum SREL, wat zënter 2004 besteet. Dat gëtt iwwregens och am Bericht vun der Enquêtekommissioun dran erwähnt. Et geet doraus ervir, wann een déi Lëscht kuckt, da sëtzt do en zimlech breet gefächerten islamesche Milieu, deem ënner Observatioun steet. Dat ass eng Lëscht, deelweis besteet se aus ganz villen Organisatiounen, déi ginn aus dem Ausland gemellt.

An zu Lëtzebuerg och gëtt et eng ganz Partie vun Organisatiounen aus dem islamesche Milieu, déi ënnersicht ginn. Inklusiv, an dat war Géigestand vun enger Diskussioun, wéi mer déi Auditioun hate vum Här Heck, wou ech en dorop ugeschwat hunn - den Här Juncker a senger Auditioun ass och dorop ugeschwat ginn -, inklusiv esou Organisatiounen wéi d'ASTI an de CLAE, wou gesot gëtt, dat ass en Ëmfeld, wat mer ënnersichen, well do sech Leit alt ophalen, déi mat islamistesche Milieuen ze dinn hunn. Net, well mer d'ASTI oder de CLAE géife verdähtegen, selwer islamistesche Iddien ze verrieden. Mä ech fannen dat awer äusserst bemerkenswäert.

Wann ee seet, de Geheimdängscht brauche mer, ma mer brauchen e Geheimdängscht, da wëll ech d'Fro stellen: Wa geféierlech Leit do sinn, ass do d'Police, geet déi net duer, fir déi erauszefilteren a fir ze verhënneren, dass se schiedlech ginn? Firwat mussen mer dee ganzen Donschtkrees do nach hu vu geheimdängschtlechen Aktivitéiten, déi och nach ganz dacks mat internationalen Zesummenhäng eppes ze dinn hunn?

Mir hunn och e puer Indicationen kritt iwwer Rietsextremismus, Lénksextremismus. Fantastesch ass jo, dass de kleng Lëtzebuurger Comité vu Solidaritéit mam Venezuela, dass deem op der Lëscht do steet! Et steet iwwregens och hannerdrun, dee wier vun enger internationaler Säit aus gemellt ginn. Esou funktionéiert de SREL! Dat ass de SREL! An da wësse mer jo nach wahrscheinlech net alles.

Ech hunn Dossiere gefrot iwwert déi verschiddenen Organisatiounen do. Dat ass net méi méiglech, well d'Enquête jo elo ofgeschloss soll ginn, wat ech kritiséieren. Ob déi Lëscht do komplett ass, weess ech net. Op jidde Fall, wann ee seet: Mir maache keng politesch Spionage méi! - ech kann dat net bestätegen, no sechs Méint Enquête. Ech hunn zwar keng Unhaltspunkte fonnt, mä ech hunn awer och nëmmen dat gesinn, wat mer geliwwert ginn ass.

A wa gesot gëtt, et soll kee politesche Spionage méi virgesi sinn an deem neie Gesetz, dat soll ausgeschloss sinn, da froen ech mech awer: Wat heescht dat konkret? Ech wëll da wësse konkret, wat dat heescht, wa gläichzäiteg Begrëffer wéi „Extremismus“ an dat Gesetz do erëm agefouert solle ginn. Wat ass da politesch? A wat ass extrem a radikal? Wou ass do den Ënnerschied?

E wichtegen Aspekt, mengen ech, an där ganzer Geheimdängschtaffär, dat ass, dass d'Geheimdängschter ganz staark international zesummeschaffen. Do ass e Floss vun Informatiounen a vun Datebanken, dee geschitt, deem ass grenzenlos. De Fall Taoufik huet et gewisen. En Terrorist, deem als Terrorist vum türkeschen Dängscht hei gemellt gëtt, deem ass och hei en Terrorist. Do gëtt och hei normalerweis en Dossier opgemaach an et ginn Nofuerschunge gemaach.

Firwat ass de Venezuela-Comité drop, zum Beispill? Den Här Bausch huet gesot, bis haut hu mer nach keng Äntwert kritt op déi Fro do. Dat ass awer eng normal Lëtzebuurger Organisatioun, déi sech asetzt fir d'Solidaritéit mat engem gewësse Land, deem seng Führung natierlech gewëssen internationale Services net passt. D'CIA ass natierlech net frou doriwwer, dass et hei e Venezuela-Comité gëtt. A vläicht ass et vun deem Service gemellt ginn. Ech weess dat jo net. Déi Saachen, déi mir agesinn hunn, déi si jo éischters klassifizéiert, an zweetens gi se och net all Detailler, déi se misste ginn.

Da kënnst derbäi, dass déi Informatiounen vun deenen auslänneschen Dängschter, déi sinn och nach extra geschützt. Déi si méi geschützt wéi d'Renseignement vum Service de Renseignement zu Lëtzebuerg. A si sinn esou wäit immun, dass souguer virun de Gerichter se net däreft gebraucht ginn. A kee Gericht kann d'cidéieren, fir se ze gebrauchen. Sou steet dat am Gesetz dran.

Mir wëssen, dass beim Bommeleeër-Prozess d'Penalgericht déi dote Fro un d'Cour constitutionnelle gestallt huet, wéi et méiglech wier, dass esou e Prinzip iwwert de Lëtzebuurger Gesetz steet a virun allem iwwert dem grouse Prinzip vun den Droits de la défense an engem strofrectleche Prozess.

Derbäi kënnst dee ganzen Aspekt vun der Zesummenaarbecht bei Datebanken. Dat, wat de Snowden révéliert huet, dat muss eis dach am héchste Mooss interpelléieren! Dat si ganz einfach... Mir schwätze vun Artikel 88-3, do muss eng Kommissioun vu Riichter dat fir d'Éischt ënnerbreit kréien, an da schalte mer den Telefon ëm an da kréie mer dann déi Écouter do erméiglecht. An a Wierklechkeet sinn dat elektronesch Datepäck, déi duerch den Internet dorëmmer zirkuléieren, déi kënnen egal wou an der Welt opgefaange ginn an déi och a Wierklechkeet opgefaange ginn!

A mer wëssen, et stoung en Artikel am „Monde“ virun e puer Deeg, dass a Frankräich et eng ganz grouss Administratioun gëtt, wou alles dat gesammelt gëtt. An do gëtt et eng Zesummenaarbecht mat den auslänneschen Dängschter. D'Fransousen an d'Preise schaffe mat den Amerikaner zesummen op deenen dote Gebidder.

An dat si jo dann awer Froen, déi sech do stellen. Wann et esou e Service gëtt, deem esou Informatiounen kritt, wat mécht en domat? Wie kontrolléiert dee Service? Wou gëtt e kontrolléiert? Wou ginn déi Saachen do kontrolléiert, déi Zougrëff do? An esou weider.

An an deem Sënn si mir der Meenung, dass Geheimdängschter, net nëmmen deem zu Lëtzebuerg, eng Gefor fir d'Demokratie sinn, dass se an enger Grozon handelen, dass se Instrumenter an der Hand vu Regierunge sinn, och heiansdo vun anere Regierunge, ouni wierklech parlamentaresch Kontroll.

Mir hunn duerfir déi Motioun erabruucht fir d'Abolitioun vum Geheimdängscht zu Lëtzebuerg.

En aneren Aspekt, dat ass dee vun der Protektioun vum wëssenschaftlechen a wirtschaftleche Potenzial, déi sougenannt „ekonomesch Intelligence“. Och do si vill Froen, déi sech stellen, a keng Äntworten. Ech hu gefrot, mer sollten nach e Briefing kréien iwwert dat, wat en haut versteet ënner Intelligence économique.

Mir hu Briefinge kritt iwwer all méiglech Saachen, iwwer Terrorismus, mir hu Leit mat Bäert gewise kritt, ganz vill esou Saachen hu mer gewise kritt. Mä mir hunn net gewise kritt, zum Beispill, déi wichteg Notioun vum Renseignement économique, déi jo awer hei an eisen Dysfonctionnement eng ganz kloer Roll spillt, wéi et dann domadder ass. Wéi ass et dann domadder? Wéi ass et haut? Mir wëssen, mir kennen alleguer d'Affär vum Nordirak a vu Cargolux aus den Zäite vu Mille a Schneider. Mä wësse mer dann, wéi haut geschafft gëtt? Ech weess et net, no sechs Méint Enquêtekommissioun! Do bleift den Deckel drop.

An dobäi wiere sécherlech ganz vill Froen, déi sech do stellen. An enger privatisierter Economie wéi eiser, wem seng Interesse ginn do vertrueden an esou engem Geheimdängscht? A Frankräich ass et nach relativ kloer. Do sinn et déi staatlech Betriber, déi geschützt ginn. Wie gëtt hei geschützt? Géint wien? Dat si jo awer wierklech Froen, déi ee sech emol muss stellen, wann ee fënnt, dass mer e Renseignement économique hei brauchen. Fest steet op jidde Fall elo schonn, dass et eng enk Kollaboratioun gëtt vum Ekonomiesminister mam Geheimdängscht.

Sandstone gëtt vill virgeworf, do wier Pantouflage gemaach ginn, do wier aus dem SREL eraus eng privat Entitéit gegrennt ginn. Mä ech muss soen, déi hat och politesch Protektioun. Op jidde Fall am Ufank hat se dat. Den Här Krecké ass mam Fliger vu GMH, d'Muttergesell-

schaft vu Sandstone, geflunn. Dat ass bei der Enquête erauskomm. Dat huet den Zeie Knebler gesot. Den Här Santer ass am Verwaltungsrot vu GMH. An an enger Duechtergesellschaft, engem sougenannten „ethesche Finanzcomité“, fanne mer och den Här Juncker als Eierepresident zum Beispill erëm.

Fir ofzeschleissen zu deem dote Punkt: Eisen däitschen Expert, deem hei war, den Här Gössner, huet als leschte Saz gesot an der Enquêtekommissioun, hien hätt Angscht, dass déi Untersuchungen hei iwwert d'Dysfonctionne geifen endegen domat, dass mer de Geheimdängscht géife legitiméieren an nach weider verstärken.

A wann ech esou eng Formulierung am Rapport hei liesen, wou genau dat drasteet, ech zitéiere se elo net aus Zäitmangel, da weess ech, firwat ech mech nëmme beim Rapport enthalten hunn, firwat ech net derfir gestëmmt hunn. Well ech wëll net, dass hei aus där Enquête erausgeet, dass de Geheimdängscht herno méi staark dosteet, wéi e virdrun dostoung. Ech hu grouss Zweifel un der Kontrolléierbarkeet vu Geheimdängschter. All eis Gesprécher mat Leit aus Däitschland soen eis dat, dass dat net méiglech ass. An ech hunn et och selwer zum Deel hei konnten erfueren.

Ech mengen, au contraire ass et wichteg, dass Whistleblowere geschützt ginn, amplaz dass se méi streng bestrooft solle ginn, wat dat awer am Projet vum Här Juncker ugekënnegt ginn ass. An et ass jo kloer, et gëtt gesot, d'Press huet hei eng grouss Roll gespilt. Mä vu wem huet d'Press dann déi Informatiounen? Et muss een also déi, déi d'Informatiounen bréngen, an éischer Linn schützen. Dofir war ech och aus all deene Grënn dergéint, déi Enquête elo schonn zouzemaachen. Ech mengen, eleng eng Enquêtekommissioun kann eppes errechen!

Zur politescher Responsabilitéit. Den zoustänneg Minister, fannen ech, huet gehandelt, wéi wann de SREL an engem rechtsfräie Raum wier. En huet zwar do am Fong geholl der Logik vun de Geheimdängschter no gehandelt, mä wann dat bis optrëtt an opflitt, besonnesch wann een 18 Joer laang Chef vun deem Betrib war, dann huet dat eng politesch Konsequenz forcément, also, dann huet dat forcément politesch Konsequenzen!

Ech mengen awer, contrairement vläicht zu anere Leit, dass d'ganz Regierung d'Verantwortung hei ze droen huet. En Deel vum Budget vum SREL geet iwwert den Ausseminister. Den Ekonomiesminister ass en zentralen Deel vun eise Dossier. Och aner Ministere si regelméisseg informéiert ginn. An am Bericht vun der Kontrollkommissioun steet, dass de SREL eigentlech dofir do ass, fir Dängschtleeschungen ze maachen u Ministeren, déi am Fong geholl seng Clientë wieren.

Ech menge wierklech, dass den CSV-Stat net d'CSV eleng ass, niewebäi bemierkt. An ech fannen, fir e wierklechen Neufank ze maachen, muss een e Paradigmewissel maachen, wat d'Demokratie ugeet. D'Demokratie muss amplaz vun der Geheimhaltung kommen. Mir müssen eis d'Fro stelle vun der Geheimhaltung als Regierungsprinzip op allen Niveauen. Mir haten d'Affär Cargolux hei, mir haten d'Affär Wickreg-Léiweng, mir haten d'Affär Bommeleeër, déi jorelaang sollt ënnerschloe ginn. De Geheimhaltungsprinzip als Regierungsprinzip muss a Fro gestallt ginn! A Fro gestallt gi musen och déi Privatinteressen, déi de Stat domineieren. Domat muss och gebrach ginn. Mir brauchen eng aner Wirtschaftspolitik.

A ganz zum Schluss, Här President: Déi Lénk sinn der Meenung, dass mer net nëmmen Neiwahle brauchen, mä dass mer och eng ganz nei Politik brauchen!

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Urbany. Den Här Statsminister fret d'Wuert.

► **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir debattéieren elo iwwert de Rapport vum Geheimdängscht zënter zwou Auer haut de Mëtteg. Ech hu während bal zwou Stonnen zu deene Virwërf vun dem Rapport vun der Geheimdängschtkommissioun geschwat. Ech sinn do op all déi Virwërf agaangen. Ech hunn erkläert, wou ech mengen, dass ech Feeler gemaach hätt. An ech hunn erkläert, firwat dass ech d'est an dat net gemaach hunn oder net konnt maachen.

Ech muss leider feststellen, dass déi Explikatiounen, déi ech ginn hunn, net op eng unanime, spontan Compréhension gestouss sinn. Ech stelle fest, dass d'Fraktioun vun de Grëngen ze-

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuurger Journal, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg



summe mat deene vun de Liberalen, plus den Här Urbany an den Här Gibéryen eng Motioun abruecht hunn, fir mer d'Vertrauen ze entzéien. Ech stelle fest, dass d'sozialistesche Fraktioun eng Motioun abruecht huet, déi erkenne léisst, dass se mat deenen Explikatiounen, déi ech hei ginn hunn, net averstane sinn, jiddefalls net dervun iwwerzeegt sinn. Ech stelle fest, dass déi meeschte Riedner, déi no mir geschwat hunn, net op dat agaange sinn, wat ech gesot hunn. Ech stellen och fest, dass eng iwweraus grouss Majoritéit vun dësem Haus duerch hir Fraktiounssprecher erkenne léisst, dass se mengt, et missten Neiwahlen oder virgezunne Wahlen hei am Land stattfannen.

Ech mengen, mir kënnen elo nach stonnelaang diskutéieren. Ech hätt mer ni virstelle kënnen, dass ausgerechent d'Sozialistesche Partei mer géif e Fouss stellen, hätt ech mer a 25 Joer Zesummenaarbecht net kënnen virstellen. Ech stellen awer fest, dass an der Motioun vun der Sozialistescher Partei net op dat agaange gëtt, wat ech gesot hunn, mä dat ënner Form vu Motioun kënnt, wat souwisou geplatzt war.

Well dat esou ass, sinn ech der Meenung, mä ech hunn näischt doriwwer ze soen, dass mer eis Debatt eigentlech kënnen ophalen. Ech convoquéieren d'Regierung fir muer de Moien zéng Auer a ginn duerno an de Palais, fir dem Grand-Duc Neiwahle virzeschloen.

4. Discours de M. le Président

► **M. le Président.** - Merci dem Här Statsminister. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen a Kolleegeen, mir sinn um Enn vun enger laanger Sitzung ukomm. Normalerweis ass et Tradition, datt de Chamberspräsident e Bilan zitt iwwer dat ofgelafent parlamentarescht Joer. Well mer haut awer e ganz laangen Dag hanner eis hunn, erspueren ech lech déi Ried. Ech erspueren lech och déi Zuelen, déi Der an deenen nächsten Deeg wäert zougestallt kréien.

Erlaabt mer trotzdem, well et déi lescht Sitzung ass, hei e grouse Merci auszuschwätzen, fir d'Éischt un d'Mataarbechter aus dësem

Haus, virop dem Generalsekretär Claude Friesen a sengen zwee Adjointen, Isabelle Barra a Benoît Reiter, de Mataarbechter aus de Fraktiounen a politesche Sensibilitäten, der parlamentarescher Press, dem Sécherheetspersonal. Mäi Merci geet och un d'Memberen aus der Regierung an deenen aneren Institutiounen aus dem legislative Prozess.

Ech mengen, no den Evenementer vun de leschte Wochen, Deeg a Stonne géif ech mer just erlaben, lech a jiddwerengem e puer erhuelsam Deeg an deenen nächste Wochen ze wënschen.

Ech soen lech Merci an d'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 20.58 heures)

Sommaire des séances publiques n°s 43 (suite), 44 et 45

6376 - Projet de loi portant réforme de la Commission des normes comptables et modification de diverses dispositions relatives à la comptabilité et aux comptes annuels des entreprises ainsi qu'aux comptes consolidés de certaines formes de sociétés et modifiant:

(1) le titre II du livre Ier du Code de commerce

(2) le titre II de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises

(3) la section XVI de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales p. 542

6585 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 22 juin 2000 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures p. 542-548

Dépôt d'une motion par M. Serge Urbany p. 549

6471 - Projet de loi relative aux gestionnaires de fonds d'investissement alternatifs et

- portant transposition de la directive 2011/61/UE du Parlement européen et du Conseil du 8 juin 2011 sur les gestionnaires de fonds d'investissement alternatifs et modifiant les directives 2003/41/CE et 2009/65/CE ainsi que les règlements (CE) n°1060/2009 et (UE) n°1095/2010;

- portant modification:

- de la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif;

- de la loi modifiée du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés;

- de la loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque (SICAR);

- de la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) et d'association d'épargne-pension (assep);

- de la loi du 13 juillet 2005 concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle;

- de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

- de la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme;

- de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;

- de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;

- de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;

- du Code de Commerce;

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- de la loi modifiée du 1er décembre 1936 concernant l'impôt commercial;

- de la loi modifiée d'adaptation fiscale du 16 octobre 1934;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;

- de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée p. 549-551

6398 - Projet de loi portant modification de:

- la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances;

- la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme p. 551-552

6487 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques en vue de la création de l'établissement public «Autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel» et modifiant

1) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État et

2) la loi du 20 avril 2009 relative à l'accès aux représentations cinématographiques publiques p. 552-554

Question élargie n°34 de M. Jacques-Yves Henckes sur l'échange d'informations fiscales entre le Luxembourg et les États-Unis p. 554-555

6181 - Projet de loi portant modification

1. de la loi du 8 septembre 2003 sur la violence domestique;

2. de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;

3. du Code pénal;

4. du Nouveau Code de procédure civile p. 555-561

6547 - Projet de loi dérogeant temporairement à la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre p. 561-562

6565 - Rapport de la Commission d'enquête sur le Service de Renseignement de l'État p. 562-586

Dépôt d'une proposition de loi par M. Alex Bodry p. 576


Discours de M. le Président p. 586

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**
- Retrouvez vos députés, tous les textes, législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.

- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.

- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.



CHAMBRE
DES DÉPUTÉS

www.chd.lu